stämm vläicht kënne besser openeeleeën, mä fir se dofir strofrechtlech ze condamnéieren, dat inspiréiert vläicht keen. Mä do läit awer elo e Problem: Wa se an engem penale Prozess fräigesprach ginn, dann hu se, „principe de l'unicité des fautes pénale et civile oblige", och keen ziville Feeler gemaach an d'Kand ka kee Schuedenersaz kréien. Dat bréngt eventuell Leit derzou, fir ze probéieren, deen zivillrechtleche Schuedenersaz net wëllen ze blockéieren.

Zweetens, dee System ass profund ongerecht an deem Sënn, dass et souguer heiansdo zu enger Gefor fir déi lokal Demokratie kéint kommen. Wie war da responsabel fir d'Bamstämm? Eventuell de Gemengenaarbechter? A wann ee weider no uewe geet schlussendlech de Buergermeeschter? Zivillrechtlech ass dat kee Problem, well op deem Plang souwuel de Gemengenaarbechter wéi de Buergermeeschter am Numm vun der Gemeng agéieren an déi letztendlech zivill responsabel ass a bezuele muss oder an der Regel hir Assurance. Mä et ass awer abwegeg, an esou Fäll, just fir der Victime eng Entschiedegung ze assuréieren, de Gemengenaarbechter oder de Buergermeeschter bis uewenhinner musse strofrechtlech ze belaangen an eventuell ze condamnéieren. Dat ass och fir déi lokal Responsabel eng Belaaschtung am Alldag vun hiren Aktivitéiten an dat, mengen ech, muss ee seriö huelen.

Or, wéinst dem aktuellen, ech soen emol, méi onglécklech System, wou de strofrechtleche Feeler mam ziville Feeler gläichgestallt ass, muss dat dann awer sinn.

Dat neit Gesetz ënnerbrécht elo deen Zesummenhang. Et gëtt näischt un der Definitioun vum strofrechtlechen a vum zivillrechtleche Feeler geännert. Et gëtt just onmëssverständlech gesot, dass, wann eppes kee strofrechtleche Feeler ass, dat net wëllt automatesch soen, dass et keen ziville Feeler ass. De Contraire ass natierlech net wouer: E strofrechtleche Feeler, dee festgestallt ginn ass, ass nach wie vor och an all de Fäll en ziville Feeler.

D'Reform huet duerfir e groussen an direkten Impakt op d'Responsabilitéit vun de lokale Mandatairen. Dat Beispill vun elo just weist dat jo och. D'Diskussioun vun der Responsabilitéit ass eigentlech schonn 2001 opkomm, also viru 16 Joer, well Membere vum Schäfferot a vum Gemengerot vun der Gemeng Jonglënster an engem Fall an deem Joer och condamnéiert gi sinn. D'Diskussioun ass erëm aktuell gi mam Fall vun der Gemeng Steesel, wou de Buergermeeschter an d'Schäffe vun der Gemeng Steesel strofrechtlech belaangt gi si fir e Schaf, deen an enger Spillschoul net fest genuch ugemaach war an op e Kand gefall ass.

D'Saach ass fir si esou ausgaangen, dass d'Cour d'appel d'Decisioun bestätegt huet, déi net weider ze poursuivéieren. Mä domadder war de Problem u sech net behuewen. Dat geschitt awer elo duerch dëst Gesetz. Mä wéi gesot, d'Fro concernéiert net nëmmen déi gewielte Leit, mä eis alleguerten, déi ganz Gesellschaft.

Nach zwou wichteg Präzisiounen: Näischt verhënnert, dass de Parquet d'Auteure vu wierklech flagranter Onvirsiichtegkeet penal poursuivéiert. Den neie System hëlt den Affer vun enger Onvirsiichtegkeet, sief et am Stroosseverkéier, Faute médicale oder soss eppes, wou een deem anere Schued mécht, guer näischt of. Hir Chancen, fir indemniséiert ze ginn, bleiwen onugetaascht. Hir Rechter gi souguer gestäerkt. Souguer wann den Auteur um penale Plang fräigesprach gëtt, kënne si ongehënnert déi zivill Responsabilitéit vum Auteur vum Schued viru Geriicht akloen. Mam Schafe vum Prinzip vum duebelen, strof- an zivillrechtleche Feeler geet Lëtzebuerg iwwregens dem Beispill vun enger Rei aneren europäesche Länner no, speziell Frankräich, wou mer dee Prinzip och hunn.

Mat dësem Projet, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt dem Auteur vum Schued seng Situatioun net verschlechtert. Au contraire, d'Situatioun vun der Victime gëtt verbessert, well d'Differenz vu Faute pénale a Faute civile ënnerstrach gëtt an anerersäits d'Situatioun vun der Victime verbessert, well och wann den Auteur vum Schued keng Faute pénale gemaach huet, säi Behuelen awer eng Faute civile kann duerstellen. An do gëtt et méi Beispiller. Dat kënnen nieft de lokale Mandatairen awer och Doktere sinn, Chef-d'entreprisë kënnen dat sinn, Educateuren, Vakanzekolonien, awer eben och politesch Responsabeler.

D'Fro gesäit sech vläicht komplizéiert un, en fait ass d'Resultat an d'Wierkung dovun awer eng ganz einfach an ech mengen och eng ganz richteg an eng ganz noutwendeg. Mä den Alex Bodry huet awer komplett recht, wann e seet: „Et ass wichteg, ze kucken, wéi dat hei och elo wäert ugewannt ginn." Et ass natierlech mat dësem Text en fait wéi mat all Text, dass ee muss ofwaarden, wat d'Juridiktiounen um Enn domadder maachen. Mir wäerten dat och observéieren an am A behalen.

Mä ech mengen, dass mer haut dach e Stéck, wéi d'Madamm Beissel, d'Rapportrice, gesot huet, e Paradigmewiessel awer hei maachen. Dat ass keng kleng Reform, och wa se vläicht keng grouss ëffentlech Beuechtung wäert fannen. Mä fir déi Leit, déi heimadder schaffen an, ech mengen, och all déi, déi ech virdrun opgezielt hunn, notamment de kommunale Secteur, ass dat heiten eng ganz wichteg Reform. An ech wëll och duerfir nach eng Kéier dem Syvicol, stellvertriedend sengem President, Merci soe fir déi ganz gutt Kollaboratioun, déi et erlaabt huet, eng Diskussioun, déi laang Jore gedauert huet, haut zu engem Ofschloss kënne bruecht ze hunn.

Merci derfir a Merci och fir d'Nolauschteren!

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Justizminister.

Mir géifen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6887 kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6887 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

59 Deputéiert hunn direkt oder indirekt un der Ofstëmmung deelgeholl. 59-mol Jo, Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da bräicht ech eigentlech d'Fro net méi ze stellen, ech maachen et awer: Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vott?

(Assentiment)

D'accord. Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir kommen elo zum Projet de loi 7030, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Lutte géint den Tubak an den Tabagismus. An d'Wuert huet d'Rapportrice, d'Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, wann ech gelift!

7. 7030 - Projet de loi transposant la directive 2014/40/UE du Parlement européen et du Conseil du 3 avril 2014 relative au rapprochement des dispositions législatives, réglementaires et administratives des États membres en matière de fabrication, de présentation et de vente des produits du tabac et des produits connexes; abrogeant la directive 2001/37/CE; modifiant la loi modifiée du 11 août 2006 relative à la lutte antitabac

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

Mme Cécile Hemmen *(LSAP), rapportrice*.- Merci, Här President. De Gesetzesprojet, dee mir als Tubaksgesetz bezeechent hunn an deen ech lech elo presentéieren, zeechent sech aus duerch eng gutt Portioun Courage an och duerch eng gutt Portioun Wäitsiicht um Niveau vun der Gesondheetspolitik, fir déi sech eis Ministesch, d'Lydia Mutsch, an enger Kontinuitéit iwwer Joren asetzt.

Des Weidere schécken ech och direkt viraus, dass de Rapport ouni Géigestëmm an der Kommissioun ugeholl ginn ass, an ech soen och elo scho Merci fir déi gutt an déi ganz konstruktiv Zesummenaarbecht.

Den 2. August 2016 ass de Projet an der Chamber deposéiert ginn, e Projet de loi, deen op der Transpositioun vun enger EU-Direktiv berout an dee sech och op dat modifizéiert Antitubaksgesetz vun 2006 bezitt. D'Direktiv u sech bestëmmt jo d'Regelen, wat d'Fabrikatioun, d'Presentatioun an och de Verkaf vun Tubak a sengen Derivatprodukter ugeet, a si deckt déi ganz Gamm of vun der Zigarett, dem Tubak, der Shisha an der elektronescher Zigarett.

Dat heescht dann och am Kloertext, dass mer mat dësem Gesetz déi klassesch Zigarett gläichstelle wäerte mat der elektronescher Zigarett respektiv och der Shisha, oder Waasserpäif genannt. Ënnert dem Impuls vu ganz villen Avisen, déi schonn zum Avant-projet erakomm sinn, sief et vun zivillen Associatiounen oder awer aus dem medezinneschen Domän, hu mir eis gestäerkt gefillt, fir iwwert déi reng Transpositioun vun der europäescher Direktiv erauszegoen a weider grouss an och wichteg Schrëtt ze maachen, besonnesch a Richtung Gesondheetsschutz vun de Kanner a vun deene Jonken.

D'Chiffere beleeën déi beonrouegend Realitéit an ech beruffe mech op eng Enquête vum Fëmmverhale vun de Lëtzebuerger, déi publizéiert gouf iwwert d'Fondation Cancer an déi och däitlech mécht, dass d'Unzuel vun de jonke Fëmmerten ëmmer nach konstant an d'Luucht geet, a grad am Alter vun 18 bis 24 Joer si mer mëttlerweil an zwee Joer vun 23% op 26% eropgaangen.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

Erschreckend ass och ze wëssen, dass all véierte Jonke vu 15 Joer fëmmt, a grad esou erschreckend ass et och ze wëssen, dass déi Jonk net nëmmen de Risiko vun der Nikotinnofhängegkeet komplett ënnerschätzen, mä doriwwer eraus och d'Auswierkungen op hir eege Gesondheet.

D'Objektiv vun dësem Gesetz ass deemno kloer: deene Jonken d'Méiglechkeet erschwéieren, fir mam Fëmmen unzefänken, an iwwert dës Restriktiounen och e weidert Instrument ze liwwere fir déi, déi wëllen ophalen. Dofir sinn och eng Partie Mesuren onëmgänglech an et wier verantwortungslos vis-à-vis vun eise jonke Leit an der Gesellschaft, fir net alles ze ënnerhuelen, fir hinnen de Grëff zu der Zigarett, wa méiglech och nach där éischter Zigarett, esou schwéier wéi méiglech ze maachen.

Dofir wäert et och verbuede ginn, fir Zigaretten u Mannerjäreger ze verkafen, deemno gëtt dee bis elo zougeloossenen Alter vu 16 op 18 Joer eropgesat. Onnëtz, op dëser Plaz ze soen, dass déi Jonk eng ganz beléift Zilgrupp fir d'Tubaksindustrie sinn. A wa mer dervun ausginn, dass d'Präventioun a puncto Fëmmen eng Prioritéit ass fir d'Santé publique, da si mer mat dëser Mesure um allerbeschte Wee, fir den Accès zu der Zigarett an all hire Formen op d'mannst zäitlech no hannen ze verschiben, jo, souguer am allerbeschte Fall ze verhënneren.

A well de Goût vun den Zigaretten iwwer spezifesch Arome méi agreabel gemaach gëtt an domadder och eng weider Attraktivitéit fir d'Consommatioun duerstellt, ginn och verschidden Zousätz, déi de Geschmaach, de Geroch oder d'Intensitéit vun der Verbrennung veränneren, iwwert dëst Gesetz verbueden. Heizou muss een och präziséieren, dass de Verkaf vun de mentholéierten Zigaretten allerdéngs eréischt ab dem 20. Mee 2020 verbuede gëtt.

Den Artikel 6 vun eisem Gesetz war awer deen, wou mer an der Kommissioun eigentlech déi mouvementéiertst Diskussiounen haten. Et war séier kloer, dass, wa mer eis mat der Gesondheetsprävention bei Kanner an och Jugendlechen auserneesetzen, mer eis dann och un déi Länner géifen alignéieren, déi e Fëmmverbuet an den Autoen agefouert hunn, wou Kanner ënner zwielef Joer drasinn.

Jiddweree vun eis huet scho gesinn, wéi hëlleflos dass kleng Kanner am Auto sinn, wa se do dem Damp vun der Zigarett vun den Erwuessenen ausgesat ginn. Kënne mer zouloossen, dass eis Kanner als Geisel geholl ginn, dass si passiv musse matfëmmen, wou mer jo mëttlerweil wëssen, dass déi Form vun Dampanootmen extrem geféierlech ass fir d'Otemweeër a besonnesch fir déi kleng a souguer zum Deel nach guer net fäerdeg entwéckelt Organer vun de Kanner?

Och wann d'Géigner natierlech elo mengen, dass jo eng oppe Fënster oder och eng Klimaanlag d'Situatioun kéint verbesseren, esou ass deem awer direkt entgéintzestellen, dass op esou enkem Raum den Damp natierlech net kann evakuéiert ginn.

Déi Erwuessen hu vis-à-vis vum Kand eng Virbildfunktioun. Mir wëlle jo dat Bescht fir eis Kleng. Mir wëllen, dass se gesond bleiwen, dass se vum Liewe profitéieren, dass se sech zu staarke Perséinlechkeeten entwéckelen an dass se léieren, fir spéider hire Stress mat natierleche Methoden an de Grëff ze kréien. Dofir war et och ganz séier kloer fir eis Memberen, dass mer e Fëmmverbuet op de Spillplazen an dëst Gesetz géifen aschreiwen. A keen huet zu deem Zäitpunkt dru geduecht, dass de Statsrot eis eng Recommandatioun mat op de Wee géif ginn, fir nach iwwer eng Erweiderung vun där Mesure nozedenken an och d'Enceinte-sportivë vu baussen, also déi oppen definéiert Sportplaze matanzebezéien, wou Jonker ënner 16 Joer hir sportlech Aktivitéit ausüben.

Un Argumenter feelt et natierlech net: Zum engen ass et kloer, dass Sport an Zigaretten einfach net zesummepassen: D'Passioun an d'Motivatioun fir eng sportlech Aktivitéit ginn net mat enger Ofhängegkeet zum Nikotinn an eng sportlech Ustrengung däerf och net ageschränkt sinn duerch verknaschte Longen. Zum aneren: Kënne mir Erwuessener et verantworten, wa mer deene Klenge bei engem Match nokucken, se ufeiere bei hire Leeschtungen um Terrain, op der Lafpist oder an der Schwämm, an dobäi eiser Virbildfunktioun alles anescht wéi gerecht ginn, andeems mer rücksichtslos an och respektlos vis-à-vis vun deene klenge Sportler an deenen anere Spectateure fëmmen? Ass dat d'Bild, wat mer wëlle vermëttelen, wou mer dach de Sport als de Gesondheetsfacteur par excellence duerstellen an eis Kanner bei groussaartegen Aktioune wéi „Gesond iessen, méi bewegen" ënnerstëtzen oder se a Sportsklibb umellen, wa mer eis Zäit huelen, fir se hin- an hierzeféiere fir hir Matcher an hir Trainingen an dann och nach houfreg drop sinn, wa se mat der Medail oder soss enger Unerkennung heemkommen?

Och wann dëse Fëmmverbuet an den oppene Sportsenceinten, sief et e Fussballsterrain, eng oppe Schwämm, en Tennisterrain, e Stadion an esou weider als eng relativ streng a restriktiv Mesure kann ugesi ginn, esou muss ech hei awer och soen, dass dës Mesure fir en Deel vun eise Memberen aus der Kommissioun nach laang net wäit genuch geet. Och kéint ech mer virstellen, dass Lëtzebuerg sech an Zukunft lues awer sécher enger Partie anere Länner géif uschléissen, fir sech fir komplett fëmmfräi Stadionen ze engagéieren, eng Moossnam, déi iwwregens net nëmme vun der UEFA zum Beispill méi wéi begréisst gëtt.

D'Attraktivitéit vun der Zigarett a vum Fëmmen tout court ze reduzéieren, geet natierlech och iwwer Warnmessagen a Fotoen oder eng Illustratioun op der Verpackung, déi elo och obligatoresch wäerte ginn a ronn 65% vun der Verpackung solle bedecken. Dës Dispositioun berout op enger wëssenschaftlecher Etüd, déi festgestallt huet, dass nëmmen d'Donnéeën iwwert d'Inhaltsstoffer oder d'Emissiounswäerter eigentlech e falsche Message kéinte sinn an de Konsument esouguer kéint encouragéiert ginn ze gleewen, dass verschidden Zigarette jo da méi oder manner schiedlech sinn. En däitleche Message a Kombinatioun mat enger faarweger Foto wier do méi effikass.

Och hei muss nach eemol drop higewise ginn, dass dës Obligatioun och fir den Tubak gëllt, deen an d'Waasserpäif oder an d'Shisha kënnt. Déi Produiten, déi hei gefëmmt ginn, si praktesch ëmmer aromatiséiert an de Risiko fir d'Gesondheet besteet dodran, dass de Konsument ganz laang dem Damp ausgesat ass. Wien eng Zigarett fëmmt, brauch e puer Minutten, eng Seance Shisha zitt sech alt gäre bis zu 40 Minutten hinn an nach driwwer eraus. An doriwwer eraus stécht an engem Strapp Shisha zéngmol esou vill Volume wéi an enger Zigarett.

Wann een dann erëm bedenkt, dass déi chemesch Zesummesetzung déiselwecht ass wéi déi an der Zigarett, da kann ee sech d'Ausmooss vun der Schiedlechkeet natierlech selwer ausmolen.

An dësem Kontext sief och nach drop higewisen, dass och d'Shisha-Baren därselwechter Gesetzgebung ënnerleie wéi d'Caféen, d'Discoen, d'Hoteller, d'Centre-commerciallen an aner Fräizäitraimlechkeeten, wat heescht, dass wann ee wëllt eng Shisha fëmmen, ee muss erausgoen oder awer an engem amenagéierte Fumoir sinn.

Och d'Schiedlechkeet vun der elektronescher Zigarett ass net ze ënnerschätzen, well hei gi Stoffer fräigesat an inhaléiert, déi net nëmmen d'Otemweeër irritéieren, mä och potenziell Kriibserreeger sinn.

Här President, ech kéint nach op villes agoen, wat an dësem Gesetz verankert ass: vun der Obligatioun vun de Produzenten, fir d'Direktioun vun der Santé iwwer all d'Komponenten a soss Modifikatioune vun den Tubaksprodukter an d'Bild ze setzen, bis hin zu den tech-

neschen Norme vun den Aromaflaconen vun der elektronescher Zigarett, déi aus Sécherheetsgrënn mussen definéiert an och reglementéiert sinn.

Ech invitéieren dofir jiddwer Interesséierten, e Bléck an de schréftleche Rapport ze werfen.

Madamm Minister, als fréier engagéiert Smokebuster fannen ech et schued, dass mer dëst Gesetz net scho vill, vill éischter haten, well et huet eis deemools wierklech un engem gudden Instrument gefeelt, fir déi Jonk vum Fëmmen ofzehalen oder ofzebréngen. Déizäit grad ewéi haut gëllt awer allerdéngs ëmmer nach de Message, dee mer musse vermëttelen: dass d'Fëmmen alles aneschters ewéi cool ass, dass een net fräi ass, wann een an der Ofhängegkeet vum Nikotinn lieft, dass ee sech mat sengem Täschegeld vill Flottes ka leeschten an dass et net agreabel ass, mat engem zesummen ze sinn, deen no Zigarettendamp sténkt, an dass ee mat Sport a soss aneren an interessanten Aktivitéite sengem Kierper deen néidege Respekt iwwer eng beschtméiglech Gesondheet entgéintbréngt, wat fir jonk Meedercher a Mammen eng ganz besonnesch Bedeitung huet.

Éier ech ofschléissen, wéilt ech just nach eemol drun erënneren, dass den Tubak 4.000 toxesch Substanzen enthält, dovunner ass den Nikotinn schold un der Ofhängegkeet, de Kuelemonoxid huet seng schiedlech Auswierkungen op d'Häerzkreeslaferkrankungen a ronn 70 Bestanddeeler vum Tubak si kriibserreegend a brénge Problemer mat den Otemweeër mat sech.

Här President, et kann een d'Thematik vum Fëmmen dréien a kéieren, wéi ee wëllt, et kënnt een net laanscht d'Feststellung, dass de Konsum vum Tubak gesondheetsschiedlech ass an dass och d'Passivfëmmen déidlech ka sinn. Dozou just nach ee leschte Chiffer: Hei zu Lëtzebuerg ginn et ronn 1.000 Doudeger pro Joer duerch schlëmm Krankheeten, déi a Relatioun mam Tubakskonsum stinn.

Erlaabt mer, dass ech ganz zum Schluss nach en Extrait vun engem Lidd vum franséische Sänger Renaud zitéieren,...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Sangt et!

M. Henri Kox, *Président de séance*.- Här Gibéryen, wann ech gelift!

Mme Cécile Hemmen *(LSAP), rapportrice*.- ...dee bestëmmt selwer ganz gutt weess, vu wat e schwätzt. An dat Lidd heescht «Arrêter la clope!»: «Quand je vois des mômes de douze-treize ans, qui fument déjà comme des pompiers, je les imagine dans vingt-cinq ans à galérer pour arrêter.»

Ech ginn dervun aus, dass dëse Message kloer ass. Ech hunn deem och näischt méi bäizefügen a ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetz. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Henri Kox, *Président de séance*.- Merci der Rapportrice Cécile Hemmen. An als nächst ageschriwwe Riednerin ass et un der honorabeler Madamm Nancy Arendt. Madamm Arendt, Dir hutt d'Wuert, wann ech gelift.

Discussion générale

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei geet et drëms, eng EU-Direktiv aus dem Joer 2014 ëmzesetzen, déi eigentlech bis Mee vun dësem Joer sollt gestëmmt ginn. Dofir kënne mer keng Zäit méi verléieren.

Et ass evident, datt doduerch, datt a ganz Europa de Kampf géint den Tubak an deene leschten zéng Joer vill Erfolleg hat, d'Tubaksindustrie net schléift, mä reagéiert a sech permanent nei Saachen afale léisst. An dann ass et jo normal, datt de Gesetzgeber dann och op dës nei Entwécklunge reagéiere muss a se nei legal encadréiere muss. Genausou musse mer eis op Laangzäitetüden, déi iwwert dës nei Produite gemaach ginn, verloosse kënnen, fir all potenziell Risike fir eis Gesondheet auszeschléissen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Et geet hei net drëms, d'Tubaksindustrie ze verdäiwelen, mä virun allem, et méiglech ze maachen, de Konsument besser ze schützen, besser ze informéieren an ze sensibiliséieren a virun allem déi Jonk, eis Kanner a Jugendlech, ze protegéieren an op Plazen, wou et sënnvoll a logesch schéngt, d'Fëmmen ze verbidden.

Mir ënnerstëtzen als CSV d'Haltung, déi d'Regierung hei an dësem Dossier hëlt, virun allem am Kontext vun dem Message un eis Jugendlech, well mer genau wëssen, datt iwwer 70% vun deenen, déi fëmmen, ufänke wa se ganz jonk sinn, déi allermeescht ënner 18 Joer. Si sinn also ganz kloer d'Zilscheif vun all Industrie, déi wëllt fréi genuch hir Produiten un e potenzielle Keefer kréien, mä déi Jonk sinn awer gradesou d'Zilscheif vun all Gesondheetskommissioun, déi selbstverständlech keen aneren Interêt kann oder däerf hunn, wéi eben och dës Jugendlech ze schützen, well mer jo all wëssen, wéi schwéier et ass, sech d'Fëmmen nees ofzewinnen.

Wann ee bedenkt, wéi laang mir elo geschafft hunn an der Europäescher Unioun, an den eenzelne Länner, wat e jorzéngtelaange Kampf war, fir datt mer endlech ewechkomme vum Zigarettendamp an de Fligeren, Restauranten, Caféen, op deene Plazen, wou vill Jonker sech treffen, wéi d'Discoen, Akafsgalerien, Kinoen, Schoulen, ëffentlechen Transport, huet et eis normal geschéngt, elo net d'Dier erëm opzemaache fir eng nei Aart vun Zigarett. Et geet drëms, e klore Message un déi Jonk ze schécken, ob et eng klassesch Zigarett, Shisha oder eng elektronesch Zigarett ass, datt et net gesond ass, datt et net cool ass, datt et och net erwuesse schéngt, wann ee fëmmt oder just - tëschent Gänseféiser cher - „vaporiséiert".

Mir hunn et extrem wichteg fonnt, datt een hei éischter déi präventiv Approche hëlt, virun allem, wat d'elektronesch Zigarett ugeet, well et ganz verschidden Etüde gëtt a virun allem nach keng Laangzäitetüden, déi de wierkleche Charakter vun dësem dach awer nach relativ neie Produit richteg aschätze kënnen. D'Risike sinn einfach nach net ganz erfuerscht an och, wa se op den éischte Bléck manner schiedlech schéngt wéi déi klassesch, virun allem, wat dat passiivt Fëmmen ugeet, wollte mer net, datt et total verharmloost gëtt, datt eis Kanner ouni déi geréngsten Aschränkung e Geste automatiséieren, deen een ebe beim Fëmme mécht, a Produiten anootmen, déi, egal wéi een et dréit oder kéiert, net zur Gesondheet bäidroen.

Dofir war et eis och esou wichteg, souguer sämtlech Spillartikelen, déi un eng Zigarett erënneren, mat eranzehuelen. Mir haten dat jo schonn deemools bei der Schockelas- oder Knätschzigarett gemaach, well mer de Phenomeen vum Geste vum Fëmmen net verharmlosen oder, esou wéi den ORK sech a sengem Avis driwwer geäussert huet, „banaliséieren" wollten, mä e Sensibiliséierungseffekt vu klengem u bei de Kanner bewierke wollten.

Mir hunn als CSV-Fraktioun d'Aarbechten an der Kommissioun konstruktiv begleet a wäerten dësen Text och matstëmmen, och wann ech elo op e puer méi kritesch Punkten aginn. Ech wollt awer nach fir d'Eischt eiser Presidentin vun der Kommissioun a Rapportrice vum Projet e grousse Merci soe fir hir Gedold, déi se ëmmer mat eis huet, a fir hiren exzellente schréftleche wéi och mëndleche Rapport, och wann et mat der finaler Versioun e bësse gedauert huet, bis mer se schlussendlech da gëschter kritt hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt net méi op all déi Saachen agoen oder se opzielen, déi mer elo am Projet hunn oder wou mer méi wäit gi wéi d'Direktiv, dat huet d'Rapportrice scho gemaach. Ech wollt just e puer Bemierkungen zu verschiddene Punkte maachen, déi eis um Häerz leien.

Fir d'Alleréischt begréisse mer, datt den Alter vum Kafe wéi och vum Fëmmen op 18 Joer eropgehuewe gëtt, net nëmmen, well dat an deenen allermeeschte Länner an Europa de Fall ass, mä virun allem, well déi Jonk eng privilegéiert Zilscheif vun der Tubaksindustrie sinn a méi e spéiden Accès zum Tubak et oft mat sech bréngt, datt ebe méi spéit ugefaange gëtt mat fëmmen an dat folglech nëmmen zum Benefiss vun der Gesondheet vun eise Kanner ass. Virun allem, well et déi Jonk sinn, déi an eise Statistiken am schlechsten ofschneiden, an ech wäert zum Schluss nach eng Kéier dorobber agoen.

Et schéngt eis och e logesche Schrëtt ze sinn, datt an der Zukunft net méi op de Spillplaze gefëmmt soll ginn, och wann dës am Fräie sinn. Mir mengen, datt Verbuetsschëlter op deene Plazen hei mat Sécherheet hëllefe kéinten, well eng flächendeckend Kontroll schwéier ze realiséiere wäert sinn. Heimadder kréien déi Erwuessen, déi jo eigentlech - d'Madamm Presidentin huet et och schonn ugedeit - eng Virbildfunktioun sollten hu vis-à-vis vun eise Kanner, méi e responsabelt Verhalen operluecht.

Ech ka mech genau drun erënneren, wéi mer dat éischt Antitubaksgesetz gestëmmt hunn a wéi mer drop gehalen hunn, datt d'Schoul als Enceinte sollt mat erageholl ginn, well mer woussten, datt d'Trottoiren da mat dra wären, fir ze vermeiden, datt, wann d'Kanner aus dem Gebai gerannt kommen - dat wär net grad wënschenswäert -, se vu Leit: Elteren, Boma oder Bopa oder Educateuren empfaange géife ginn, déi fëmmen.

Et schéngt eis och selbstverständlech, datt et, souguer wann et e private Beräich ass, och haut net méi ka sinn, datt nach am Auto däerf gefëmmt ginn, wa kleng Kanner drasëtzen. Frankräich, Italien, Finnland, Slowenien, Irland an Zypern hu sech och an Europa schonn op dëse Wee beginn. Et weess jo haut jiddwereen, wéi héich konzentréiert a gëfteg dëse passiven Damp fir eis Kanner ass, souguer bei lafender Klimaanlag oder och bei oppene Fënsteren.

Allerdéngs wëlle mer drop opmierksam maachen, datt et net einfach wäert ginn, dëst an der Praxis ze kontrolléieren. Wann ee jo schonn am Alldag materlieft, datt trotz alle Warnschëlder op den Autobunnen a méigleche Protokoller Leit awer ouni Spriechanlag telefonéieren oder souguer texten, da froe mer eis, wéi een hei kontrolléiere soll, datt net bei de Kanner ënner zwielef Joer am Auto gefëmmt soll ginn. Wat fir e Kand huet och schonn eng Carte d'identité derbäi? Et wäert alt erëm en neien Challenge fir eis Police ginn, mä mir stinn awer 100%eg hannert dëser Initiativ.

Et wär just ze hoffen, datt dat Ganzt dann och e Sensibilisatiounseffekt mat sech bréngt an datt insgesamt am Auto an der Zukunft manner gefëmmt soll ginn, well et jo net manner schiedlech ass fir e Kand, ob et zwielef oder siechzéng Joer huet.

Déi längsten Diskussioun, déi mer haten, war ganz kloer déi iwwert de Sportsterrain, Enceinten, déi dobausse sinn, andeems mer eis eens gi sinn, fir datt iwwerall do, wou Sport praktizéiert gëtt an enger Enceinte dobaussen an Zukunft net méi däerf gefëmmt ginn, wa Jugendlecher ënner 16 Joer Sport maachen.

De Statsrot, an ech perséinlech och, hätt vill léiwer gesinn, datt et do e komplette Verbuet gewiescht wär. An ech zitéieren: «Le Conseil d'État estime qu'une interdiction généralisée de fumer dans les enceintes sportives non couvertes (stades, courts de tennis, piscines) serait parfaitement justifiée, voire souhaitable. Une telle interdiction aurait l'avantage de circonscrire avec une précision sans faille l'acte incriminé dans le cadre des mesures répressives. Elle tiendrait compte de l'idée plus générale de stades sans tabac qui fait son chemin en Europe.» Et just an enger Enceinte ze loossen, wann ënner 16-Järeger sech do befannen, wäert éischtens net einfach ze kontrolléiere ginn an et wäert och zu Diskussioune féieren.

An als fréier Héichleeschtungssportlerin kann ech lech verroden, datt, wann een eng 10.000-Meter-Course op enger Pist leeft an no Loft japst an een dann all Kéiers ëm d'Kéier kënnt, wou da Leit stinn ze fëmmen, et net grad agreabel ass, dësen Zigarettendamp anootmen ze mussen. Ech hunn d'lescht Woch nach mat engem Weltklasse-Mountainbikefuerer geschwat, dem Peter Hric, deen och hei zu Lëtzebuerg wunnt an dee mer gezielt huet, wéi hien op der Weltmeeschterschaft war, hätt en all Kéiers missen duerch en Zelt fueren, wou dann d'Spectateuren amgaange waren, Zigaren ze fëmmen. Och deen huet gesot, datt se praktesch d'Loft agehalen hunn, ier se an déi Zelter eragefuer sinn, esou penibel war dat zu där Zäit. An ech verstinn, datt een hei einfach muss kucken, an der Zukunft awer op en anere Wee ze goen. Et passt einfach net op e Sportsterrain an ech perséinlech hätt mer och léiwer gewënscht, datt mer hei méi konsequent gehandelt hätten.

Dobäi muss ee jo och wëssen, datt e komplett Fëmmverbuet an de Fussballstadionen, Liichtathletikspisten, Piscinnen op eng immens grouss Ënnerstëtzung fält a ville grousse Sportsfederatioune wéi der FIFA, der UEFA, der Internationaler Liichtathletiksfederatioun, der Internationaler Schwammfederatioun, dem Internationale Comité olympique, gradesou wéi och bei hire Sponsoren, déi dëst ënnerstëtzen. Et hätt ee sech och kéinte wënschen, datt vläicht eise Comité olympique en Avis heizou ofginn hätt, mä ech si mer bal sécher, datt dee sech deem Avis vum Internationalen olympesche Comité ralliéiere géif.

Ze vill gutt hunn ech nach d'Bild an Erënnerung, wéi se de Maradona op der Fussballweltmeeschterschaft vun den Tribüne gedonnert hunn, well deen de Culot hat, do eng Zigar ze fëmmen, an déi riicht weider wollt fëmmen. Och fir dee war et schnell eriwwer mat senger Zigar op den Tribünen.

Et ass fir mech elo eng Kompromëssléisung, déi nach vill Streidereie wäert mat sech bréngen, och fir d'Klibb an déi Leit, déi dës Terraine geréiere sollen, a genau wéi beim Verbuet an den Autoen, wou just Kanner ënner zwielef Joer abegraff sinn, wäert et ganz schwéier sinn, dëst ze kontrolléieren. Mä gutt, et ass a mengen Aen en éischte Schrëtt an eng richteg Richtung, mat där mer awer liewe kënnen, an ech hoffe perséinlech da weiderhin drop, datt mer endlech eng Kéier zu ganz komplett fëmmfräie Stadien an der Zukunft wäerte kommen, och wann Erwuessener do Sport maachen.

Mam Begrëff „Enceinte sportive" hätte mer einfach vläicht awer nach missen e bësse méi laang waarden oder e besser juristesch beschreiwen, fir auszeschléissen, an dat huet eis ageliicht, datt zum Beispill e Marathon, deen duerch eng Stad gelaf gëtt, oder en Tour de Luxembourg net kéinten hei matabegraff ginn. Mä awer fir all aner Manifestatioun, déi Sportler an all Alter encadréiert, hätt ee misse kucken, datt, wann ee sech op engem determinéierte Site befënnt, deen hätt misse fëmmfräi ginn, och wann et just temporär wär.

Zum Schluss wollt ech dann nach just soen, datt mer eis och méi Konsequenz gewënscht gehat hätte bei de sougenannten Arome bei den elektroneschen Zigaretten. Et muss ee jo awer éierlecherweis zouginn, datt et op eng gewëssen Aart a Weis hypokritesch ass, wann een eng ganz Thees drop opbaut, datt déi Jonk net solle verfouert ginn, fir unzefänke mat fëmmen, an da léisst een awer zou, datt bei den elektroneschen Zigaretten de Barbe à papa, den Hubba Bubba, de Colas- an de Schockelasgeschmaach weider erlaabt sinn.

Mir mengen, dat weist de wierkleche Wëlle vun dëser Gesondheetspolitik vun der Regierung, déi eben zu dräi ass - zwee Schrëtt no vir, ee Schrëtt zréck -, virun allem, wann ee weess, datt déi lescht Zuele vun der Fondation Cancer, wat déi Jugendlech betrëfft, nees äusserst alarmant sinn an datt déi grad bei deene Jonken tëschent 18 a 24, d'Madamm Presidentin huet et och scho gesot, erëm an deene leschten dräi Joer vun 23% op 26% eropgeklomme sinn, obwuel d'Gesamtzuel vun de Fëmmerten eigentlech ofgeholl huet.

Mä gutt, Här President, loosse mer alt hoffen an dat Ganzt positiv kucken als eng weider Etapp an déi richteg Richtung. Mir stëmmen dëst Gesetz op alle Fall mat, och wa mer eis e bësse méi Courage gewënscht hätten. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. An d'Wuert huet elo den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Verbueter an enger Gesellschaft auszespriechen, ass natierlech fir d'Politik ni en einfachen Exercice. Et ass ëmmer schwéier, fir en Equiliber ze fannen tëschent engersäits der individueller Fräiheet an op där anerer Säit, d'Interesse vun der Allgemengheet ze respektéieren. A wann et ee Sujet gëtt, deen eis do natierlech viru grouss Erausfuerderunge stellt, dann ass et ouni Zweifel d'Fëmmen. Fir déi eng ass d'Fëmmen e Stéck vu Fräiheet, fir déi aner ass et eng ganz schwéier Belaaschtung.

Egal wéi, an ech soen dat ganz däitlech hei - ech hunn och zu där Gild gehéiert, déi laang, vill ze vill laang gefëmmt hunn -, et deet engem haut nach leed fir all Zigarett, déi ee gefëmmt huet. Ech hunn awer opgehalen. Fir déi eng ass et natierlech e Genoss, ze patschen, ze fëmmen, Damp an d'Géigend ze blosen, fir déi aner ass et, wéi gesot, eng Horrorvirstellung. Mä op där anerer Säit muss een awer och eng gewëssen Toleranz hei spille loossen. Et sollt ee weder deen een nach deen anere stigmatiséieren.

Ech mengen awer, datt een, dee fëmmt, de Reflex misst hunn a wëssen, datt seng Tätegkeet eppes ass, wat fir säin direkt Ëmfeld net onbedéngt Virdeeler mat sech bréngt, ganz au Contraire, well iwwert d'Passivfëmmen ass hei och scho geschwat ginn. D'Statistike sinn do och ganz kloer: Och Passivfëmmerte leide leider ënnert där negativer Tätegkeet, déi eenzel Matbierger maachen. Well och längerfristeg ka sech zum Beispill Longekriibs bei Passivfëmmerten astellen.

Wéi gesot, ech mengen, grad fir eng liberal Partei ass et natierlech wichteg ze versichen, an enger Gesellschaft d'Toleranz maximal spillen ze loossen. Fir eis als DP ass et evident: Mir stigmatiséiere keen, dee fëmmt. Mir sinn och der Meenung, datt d'Fëmmen an Zukunft deene Leit Pleséier maache soll, déi dat esou empfannen. Mä et ass awer och fir eis evident, datt och d'Fëmme ganz kloer seng Grenzen huet.

Menger Partei ass nawell gären ugehaange ginn, wann ech esou e bëssen zréckgelies hunn, wat hei esou virun zéng, zwanzeg, drësseg Joer vun Eenzelne gesot ginn ass - et ass och nach deen een oder deen aneren heibannen am Sall -, wéi wann d'DP esou eng gewëssen Noheet zur Tubaksindustrie hätt. Da muss ech allerdéngs soen, wann een awer och e bësselchen zréckverfollegt, wat esou vu menger Partei vun eenzelne Mandatairë gesot ginn ass, datt dat jiddefalls déi Lige strooft, déi dat nawell gäre behaapt hunn. An ech wëll hei ee Mann zitéieren, deem säi Fils nach haut ënner eis hei sëtzt, an dat war 1983 den deemolege Gesondheetsminister Emile Krieps, deen iwwregens schonn en «Projet de loi portant interdic-

tion de fumer dans certains lieux» ausgeschafft hat.

Et ass also näischt Neits, wat mer haut diskutéieren, wat mer viru Joren diskutéiert hunn. Mä och deemools si sech scho Gedanke gemaach gi vu liberaler Säit aus, wéi mer awer och d'Netfëmmerte schütze kéinte vis-à-vis vun deenen, déi fëmmen. An ech wëll hei kuerz aus dem Exposé des motifs zitéieren: «La prise de conscience par le fumeur de la gêne qu'il répand autour de lui et, ce qui est plus grave, des risques pour la santé qu'il fait courir au non-fumeur, devrait inciter à la réflexion tous ceux qui choisissent à l'encontre du bon sens de s'intoxiquer progressivement en continuant de fumer.»

Dat sinn also däitlech Wierder, interessant Wierder, déi den deemolegen DP-Politiker Emile Krieps gesot huet.

M. André Bauler *(DP)*.- E war senger Zäit viraus.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Wéi vill aner DP-Mandatairen, Här Bauler.

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat waren nach Zäiten!

(Hilarité et interruptions)

M. Gusty Graas *(DP)*.- Jiddefalls, d'Statistik beweist et ganz kloer, datt d'Fëmme schiedlech ass. Dat, mengen ech, dierft kengem méi entre-temps entgaange sinn. Virun allem natierlech ass de Longekriibsrisiko ganz héich, doriwwer eraus och nach vill aner Kriibsen. Et ka souguer zur Verännerung vum mënschlechen Ierfgutt féieren. Et däerf een net vergiessen, datt duerch d'Fëmme vun enger Zigarett ee bis zwee Milligramm Nikotinn an d'Gehir kommen. Dat bedéngt doduerch zum Beispill méi Häerzschléi, Erhéijung vum Bluttdrock an och Stresshormonen.

Eppes ass och ganz däitlech: D'Statistik beleet, datt vun zéng Longekriibsfäll der néng op d'Fëmmen zréckzeféiere sinn. An dann eppes, mengen ech, wat een och misst interpelléieren, ass, datt zum Beispill ganz vill Fäll vun engem stënterleche Kandsdoud drop zréckzeféiere sinn, well d'Mamm, wéi gesot, wärend der Schwangerschaft gefëmmt huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut maache mer also e weideren Aschnëtt an d'Fëmmpraxis. An der Kommissioun hu mer decidéiert, iwwert d'Direktiv erauszegoen. D'Demokratesch Partei war vun Ufank un op, fir déi Diskussioun ze féieren. Ech gi ganz gären zou, datt dat net ëmmer eng einfach Diskussioun war an och nach ass. Mä mir wollten awer och dozou bäidroen, fir e gudden Equiliber ze fannen zwëschen engersäits deene Leit, déi awer wëllen där Aktivitéit nogoen, an op där anerer Säit, awer och dem Schutz vun der Allgemengheet Rechnung ze droen.

A virun allem, ech mengen, dat soll den Haaptmessage vun dem Gesetz vun haut sinn: Dat ass de Schutz vun deene Jonken, virun allem, déi Jonk ze incitéieren, op alle Fall ni zur Zigarett ze gräifen, well mir wëssen, wat jo dobäi erauskënnt.

Mir fannen et och richteg, datt zum Beispill iwwert dëst Gesetz och elo d'elektronesch Zigarett gläichgestallt gëtt mat der klassescher Zigarett, well oft gi jo och d'Gefore vun der elektronescher Zigarett hei ënnerschätzt. An et muss een och objektiv zwar bleiwen op där anerer Säit, an och Statistiken an Etüde beleeën dat, datt awer zumindest an enger Iwwergangsphas d'elektronesch Zigarett kann dozou bäidroen, datt e klassesche Fëmmert lues a lues sech kann ofgewinnen, nach déi klassesch Zigarett ze notzen.

Jiddefalls ass d'elektronesch Zigarett dat am mannste schlëmmt Iwwel, mä och do eng kloer Ausso: Et ass awer ëmmerhin nach ganz schiedlech. Sou huet zum Beispill elo 2014 d'Cochrane-Collaboration-Etüd festgehalen, datt ronn 9% vu Leit, déi elektronesch Zigarette genotzt hunn, zumindest ee Joer laang et gepackt hunn, ouni eng klassesch Zigarett ze notzen. Mä nach eng Kéier: Et soll awer elo net hei e Plädoyer fir d'elektronesch Zigarett gehale ginn, au contraire, och déi soll natierlech ganz kloer an Zukunft sou duergestallt ginn, an och zu Recht, datt se awer gesondheetsschiedlech ass. Et gëtt jiddefalls zum Fëmmen nëmmen eng Alternativ: Dat ass eben d'Netfëmmen.

Et ass natierlech och net einfach, mat esou enger Gewunnecht ze briechen. An ech gi jo dovun aus, datt nach deen een oder deen anere Kolleeg heibanne versicht huet, deen Exercice ze maachen. Anerer sinn amgaangen, versichen et ze maachen. Dat bréngt een natierlech net vun haut op muer fäerdeg. Dozou gehéiert natierlech och eng gewësse mental Stäerkt. Besonnesch, wann een 20 bis 30 Zigaretten den Dag wärend Jorzéngte gefëmmt huet, dann ass et net esou evident, dat vun haut op muer fäerdegzebréngen, well och de Kierper eng gewësse Gewunnecht entwéckelt huet. Dowéinst ass et och ze verstoen, datt nieft der mentaler Stäerkt och oft muss eng gewëssen Zousaztherapie gemaach ginn.

Dann hu mer jo en neien Trend, dee sech ëmmer méi och bei eis bemierkbar mécht: Dat sinn déi sougenannt Waasserpäifen, d'Shisha, dee Brauch, deen net nei ass, deen eng jorhonnertelaang Traditioun huet, deen aus dem Oste kënnt, mä deen awer ëmmer méi Uklang och bei eis hei fënnt. Et däerf een net vergiessen, datt och d'Shisha ganz gären ënnerschätzt gëtt, well déi setzt iwwer 4.000 Gëftstoffer fräi, an - ech mengen, et huet schonn ee Virriedner dat hei och gesot - datt eng Stonn Shisha jiddefalls extrem, och ganz geféierlech ass an datt een dat gläichsetze ka mat dem Fëmme vu praktesch honnert Zigaretten.

Elo huet och do natierlech eng nei Entwécklung agesat, an zwar de sougenannte „Shisha Pen". Dee soll manner schiedlech sinn. Et ass evident, datt d'Industrie natierlech reagéiert op Entwécklungen. Och do, ech sinn net Fachmann genuch, fir dat kënnen ze beuerteelen. Natierlech wann een d'Literatur liest, gëtt engem duergestallt, wéi wann dat allerdéngs vill, vill manner schiedlech wär an datt dat eng gewëssen Alternativ dann och zur klassescher Shisha wär.

Datt och elo d'Fabrikanten, d'Produzenten duerch dëst Gesetz ugehale ginn, regelméisseg Statistiken, Donnéeën dem Gesondheetsministère ze ënnerbreeden, fanne mer u sech eng gutt Saach. Mir hoffen zwar, datt awer doduerch den administrativen Opwand fir déi eenzel Fabrikanten net ze vill héich gëtt.

Eppes ass och däitlech an deem Gesetz hei nach festzehalen: datt d'Promotioun vum Tubak, déi jo souwisou elo schonn immens ageschränkt war, awer quasi elo verbuede gëtt, well et jo och inakzeptabel ass, datt Tubak nach gläichgestallt gëtt mat enger Aktivitéit, déi awer och gewësse Virdeeler mat sech bréngt.

Hei ass och schonn ënnerstrach ginn, datt déi Zousazstoffer, déi natierlech sollen dozou animéieren, d'Fëmme méi agreabel ze gestalten, an Zukunft solle vill méi restriktiv agesat respektiv verbuede ginn. Och dat ass eng wichteg, eng wesentlech Decisioun. Dann ass d'Fëmme vu Produkter, déi op planzlecher Basis hiergestallt ginn, natierlech och net ongeféierlech, well ee jo och net ëmmer weess, wat fir eng Produkter datt een do konsuméiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, da ginn et natierlech eng Rei vun Neierungen, déi iwwert déi EU-Direktiv hei erausginn. An et sinn och déi, wéi virdrun hei scho richteg bemierkt ginn ass, déi natierlech zu kontradiktoreschen Diskussioune gefouert hunn.

Erlaabt mer awer, Madamm Arendt, eng kleng Remarque hei ze maachen! Ech sinn awer trotzdeem liicht verwonnert, datt Dir hei e bëssel-chen d'Regierung duerstellt, d'Majoritéit, wéi wa se net de Courage gehat hätt, a verschiddene Punkte méi wäit ze goen. Ech wëll elo net aus der Schoul schwätzen, mä wann ech awer verschidden Interpellatiounen an Interventioune vun Äre Parteikolleegen an der Kommissioun matkritt hunn: Déi wollten awer just an eng aner Richtung goen! Klammer zou.

Dowéinst, loosse mer awer och e bëssel-che bei der Realitéit hei bleiwen!

(Brouhaha)

Ech fanne jiddefalls, datt dës Regierung wierklech Courage bewisen huet, an ech si fest dovun iwwerzeegt, ech si fest dovun iwwerzeegt: Ënner enger CSV-Verantwortung wäre mer net esou wäit komm, wéi et hei wär.

(Exclamations et interruptions)

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Dir mierkt jo d'Reaktiounen hei aus menger Partei an net nëmme vu mir eleng.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Ech sinn Zeien, ech sinn Zeie vun Aussoen, déi vun Äre Leit an der Kommissioun gemaach gi sinn. Duerfir sinn ech e bësse verwonnert...

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- Lauschtert an Är Fraktioun, Här Graas! Lauschtert an Är Fraktioun!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat ass am Rapport festgehale ginn!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Ah voilà, hei den Här Gibéryen, deen ënnerstëtzt mech emol eng Kéier zu Recht hei, voilà jo!

(Interruptions)

Une voix.- Wat huet d'CSV gesot?

M. Gusty Graas *(DP)*.- Wann ech géif an d'Detailer goen, da géif dat ze wäit goen. Ech wëll just nach eng Kéier soen: Duerfir loosse mer hei sachlech bleiwen...

(Interruptions diverses)

M. André Bauler *(DP)*.- Loosst den Här Graas elo schwätzen!

M. Gusty Graas *(DP)*.- ...a soen, wéi et war. D'CSV huet mat Sécherheet hei net mat enger Stëmm an der Kommissioun geschwat! An dowéinst fannen ech et net grad fair, wann een dann hei op d'Pult kënnt an da seet een der Regierung: „Dir sidd net wäit genuch gaangen", Madamm Arendt! Voilà!

Une voix.- Très bien!

Une autre voix.- Kommt erëm zur Saach!

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Mir erënneren lech un d'Quoten, Här Graas.

Une troisième voix.- Dat ass d'Gesiicht vun der CSV.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Graas, kuckt mech net!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Jo, okay, ech si gewinnt... Ma neen, Här President, ech...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Kuckt mech net, Dir wollt déi doten Diskussioun, da sollt Der se och kréien!

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- Dee wollt dat hei! Dee wollt dat hei!

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- E provozéiert an da wonnert e sech.

(Interruptions)

M. Gusty Graas *(DP)*.- Ech hu kee Problem, ech kéint do nach laang driwwer diskutéieren. Mä ech si gewinnt, datt Der eis ënnerbriecht, dowéinst...

M. Alexander Krieps *(DP)*.- Sot, Här President!

(Interruption et hilarité)

M. Gusty Graas *(DP)*.- Dat sinn iwwer 30 Joer hier.

M. Alexander Krieps *(DP)*.- Also ech ginn hei an de Mond geholl, Här President! Ech wollt lech awer soen, ech mengen, den Här Halsdorf hu se erausgeschéckt, well hie war net där nämlechter Meenung. A mir hunn... all Séance ware mir dobäi, den Här Graas an d'Madamm Hemmen a jiddweree vun ons, mä Dir musst lech e bëssen uniformiséieren, quitte dass Der elo eng Majoritéit an der Chamber kritt, mä dat gëtt e schéinen Zoff, hein!

(Hilarité et interruption)

M. Gusty Graas *(DP)*.- Bon, okay. Ech wollt dann awer, wéi gesot,...

(Brouhaha général et hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Also, Här Graas, Dir erlaabt jo wahrscheinlech, dass eng vun deenen ugesprachene Persoune sech zu Wuert mellt. D'Madamm Andrich huet d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Selbstverständlech...

M. Alexander Krieps *(DP)*.- Rufft den Här Halsdorf!

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech wollt haaptsächlech hei d'Kolleege vun der DP froen, ob si dann eng unanime Meenung haten an dem Dossier vun de politesche Quoten. Merci.

(Brouhaha général)

M. Gusty Graas *(DP)*.- Also, Madamm Andrich, bei allem Respekt, deen ech fir lech hunn, ech si just verwonnert, datt Der elo hei ufänkt, awer total vum Thema ofzelenken. Souvill ech weess, diskutéiere mer haut iwwert d'Fëmmgesetz.

(Exclamations)

Une voix.- Dat ass eng Wourecht, dat doten!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Sou, an elo schwätzen ech emol e Machtwuert. Elo gëtt et emol erëm roueg hei a just den Här Graas huet d'Wuert, deen ech awer da bieden, net ze provozéieren.

Une voix.- Très bien, Här President!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Ech war awer nach fein! Ech war awer nach fein!

Also, wéi gesot, mir haten an der Kommissioun natierlech awer ganz interessant Diskussiounen, well mer eben iwwert déi EU-Direktiv hei erausginn, well mer eben eng Rei Decisioune geholl hunn, déi natierlech zu Diskussioune féieren, déi och kontradiktoresch dobaussen diskutéiert ginn: engersäits de Verbuet, datt also an Zukunft an engem sengem eegenen Auto net méi däerf gefëmmt ginn, wann eng Persoun, e Kand ënner zwielef Joer drasëtzt. Jo, et däerf een net vergiessen, et ass schonn e relativ wäiten Agréff an déi perséinlech Fräiheet, wat viru Jore vläicht nach ondenkbar gewiescht wär.

Ech soen awer ganz éierlech hei: Hei muss eppes priméieren, an dat ass ganz kloer d'Gesondheet vum Kand, dat ass de Schutz vum Kand.Stellt lech vir, an engem zouene Raum, wou da gepatscht gëtt, an net nëmmen deen Aspekt, et muss een och nach den Aspekt vun der Verkéiersséchérheet hei mat consideréieren! Dowéinst hu mir absolutt kee Problem, datt dat doten elo mat zréckbehale ginn ass.

Ech wëll drop hiweisen, ech hat eng Question parlementaire den 19. August 2015 un d'Madamm Gesondheetsminister agereecht. An du war se natierlech nach méi zréckhalend, wat déi heiten Dispositioun ubelaangt. Mä entretemps ass, wéi gesot, dann awer och op Regierungsniveau d'Erkenntnis komm, datt et wesentlech ass, datt mir déi do Decisioun dann huelen.

Et muss een och ganz éierlech soen: Et léisst jo awer och déif blécken, wann Elteren, wann Erwuessener an engem Auto mengen, si missten och a Präsenz vu Kanner nach fëmmen. Duerfir, mä et ass nun eben esou an enger Gesellschaft, leider huet net jiddwereen ëmmer dee richtege Reflex. A leider muss dann eben och d'Politik op hir Manéier dann nohëllefen.

De Verkaf op Distanz, ech mengen, deen ass hei nach net esou direkt erwäänt ginn. Dat gëtt jo de Moment och dann elo verbueden. Firwat? Mä erëm eng Kéier, fir déi Jonk virun allem ze schützen, fir deene Jonken net d'Méiglechkeet ze ginn, iwwer en einfache Wee un Tubaksprodukter ze kommen.

Et sinn dann awer zwee Punkten, déi besonnesch fir méi Diskussioune gesuergt hunn, engersäits de Verbuet vum Fëmmen op Spillplazen, deen, mengen ech awer, elo manner zu Diskussioune féiert, vläicht éischter, wat den Aspekt vun der Kontroll ubelaangt. Hei sinn natierlech d'Gemengen an éischter Linn gefuerdert, déi dat ganz kloer mussen affichéieren. Wat de Contrôle um Terrain ubelaangt, do wäerten natierlech och gewësse Problemer sech vläicht kënnen astellen.

Mä erëm eng Kéier: De Message, deen een hei awer vu sech gëtt! Loosse mer dach éierlech sinn! Wat fir e Bild ginn e Papp oder eng Mamm, déi mat der Kutsch do op enger Spillplaz stinn an niewendru sëtzt de Bëbee am Sand do an d'Eltere fänken un do mat fëmmen? Dat ass e Bild, dat soll wierklech der Vergaangenheet ugehéieren.

Nach eng Kéier: Et ass ëmmer erëm schlëmm, wann een, jo, an engem Rechtsstat virun allem, eng gewëssen Aschränkung vun der Fräiheet muss virhuelen, mä et ass jo awer hei am Sënn vun der Gesondheet virun allem dann och erëm eng Kéier vu Jonken.

Iwwregens, och do hat ech dee Volet schonn an där Question parlementaire ugeschnidden, an, wéi gesot, mir sinn net méi wéi frou, datt dat och elo zréckbehale gëtt.

Dann natierlech dee Sujet, deen zu ganz villen Diskussioune gefouert huet - an ech fänken elo net erëm un, op Kolleege vun der CSV zréckzekommen, well soss gi mer erëm laang hei ënnerbrach -, do ass natierlech, an dat soll een och ganz éierlech soen, dee Punkt, wou - jo, bal queesch duerch d'Parteien - gewëssen Differenze bestinn, engersäits wéinst dem juristeschen Aspekt natierlech. Ech schwätze vun der „enceinte sportive".

Fir d'Éischt hu mer eis emol vill Gedanke gemaach: Wat ass eng Enceinte sportive? Op eemol sinn dann Iwwerleeungen opkomm, wéi d'Madamm Arendt zu Recht virdru gesot huet: „Wa mer eng temporär Enceinte sportive schafen", gëschter war den Tour de Luxembourg hei mat Clôturen, „däerf do gefëmmt ginn, däerf do net gefëmmt ginn?" Dowéinst ass jo awer elo ganz däitlech am Rapport och zréckbehale ginn, wat eng juristesch Definitioun vun der Enceinte sportive ass.

An dann natierlech d'Praxis. Wéi gesäit d'Praxis aus? Et ass esou, wann natierlech op engem Sportsterrain Kanner elo Sport maachen, déi keng 16 Joer hunn, dann däerf déi Zäit net gefëmmt ginn. Ech wëll just ee Beispill soen, dat kann natierlech och zu Komplikatioune féieren: Mir huelen e Match, e Fussballsmatch, wou zwou Seniorsequippe géintenee spillen. Et ass Halbzeit. Wat geschitt oft an der Halbzeit? Da lafen d'Kanner op den Terrain a spillen déi Zäit Fussball. Dann däerf déi Zäit net gefëmmt ginn. Ech mengen, do och soll ee ganz éierlech sinn. Et däerf och net méi an enger oppener Schwämm gefëmmt ginn. Duerfir, et soll een net hei ronderëm de Bräi rieden. Et soll ee soen, wéi et ass!

Ech weess, datt dat dote vläicht dobaussen nach wäert zu enger Rei vun Diskussioune féieren. Mä nach eng Kéier, eis Absiicht war jo - an

ech soe bewosst „eis Absiicht“, well mir als Demokratesch Partei hei ganz kloer dohannertstinn -, eis Absiicht war eben, fir hei virun allem déi Jonk dovun ofzebréngen ze fëmme respektiv iwwerhaapt mat fëmmen unzefänken.

Et sinn dann natierlech nach eng Rei aner Propositiounen an och Decisiounen, déi mer do geholl hunn, a virun allem, datt an Zukunft net méi u Persounen, déi nach net den Alter vun 18 Joer erreecht hunn, Tubakswueren däerfe verkaaft ginn.

Ech soen awer ganz éierlech: Dat huet mech ëmmer erstaunt, datt et iwwerhaapt méiglech war, datt een, dee 16 Joer hat, konnt an e Commerce eragoen a sech e Pak Zigarette kafen. Op där anerer Säit hu mer eng Groussjäregkeet, déi op 18 Joer festgesat ass, a mir hunn awer hei Jonken am Fong geholl d'Méiglechkeet ginn, sech selwer eppes Schlechtes unzedinn. Duerfir ass dat heite jiddefalls fir mech an och fir meng Partei eng Evidenz, datt mer dat op 18 Joer eropgesat hunn.

Datt dat och elo am ëffentlechen Transport, wéi dat bis elo de Fall war, nach ausgedeent gëtt op den Tram an op de Funiculaire, ass jiddefalls och ganz kloer eng Selbstverständlechkeet.

D'Interesse fir dëst Gesetz ass ganz grouss gewiescht an, wat ech och wëll hei ganz kloer ënnersträichen, dat ass och déi héich Zuel vun Avisen, déi erakomm sinn. Et huet ee rar e Gesetz, wou esou vill Associatioune sech ugesprach fillen, fir Positioun ze bezéien. An ech fannen et och gutt, datt mer déi alleguerten am Rapport opgelëscht hunn, wat beweist, wéi grouss den Interêt war, och wann net ëmmer ee Konsens ze erkenne war. An an deem Sënn ass dat also eng ganz gutt Saach.

Net méi spéit wéi gëschter hate mer jo de Weltdag géint d'Fëmmen. An et däerf een net vergiessen, datt och - et koum jo och eng nei Statistik eraus - ronn siwe Millioune Leit, ech beruffe mech hei op Aussoe vun der WHO, ronn siwe Millioune Leit d'Joer un de Suitte vun der Consommatioun vum Tubak stierwen, an och 600.000 Leit, déi als Passivfëmmerten duergestallt ginn.

Ech wëll och hei ënnersträichen, datt ech et gutt fonnt hunn, datt eng Klinik - wéi gëschter, fir de CHEM net mam Numm ze nennen - och dat als Geleeënheet geholl huet, fir eben, wéi gesot, d'Leit opzeklären an hinnen och d'Méiglechkeeten ze ginn, fir vum Fëmme fortzekommen.

Jiddefalls, déi Sensibiliséierungsinitiativen, an dat soll jo prioritär de Rôle vun der Politik sinn, déi gräife lues a lues. Wa mer d'Entwécklung iwwert déi lescht Jorzéngte kucken, da stellt een awer fest, datt de Konsum vun Zigarette réckleefeg ass. Zum Beispill an Däitschland goufen 2016 „nëmmen“ - zwësche Guillemeten - 75 Milliarden Zigarette verkaaft. Dat waren der nëmmen hallef esou vill wéi nach am Joer 2000.

Da ginn et natierlech, ech hunn dat virdru scho gesot, ëmmer méi Alternativen, wat och op eng Manéier positiv ass. Zum Beispill, ech hunn elo keng richteg Iwwersetzung op Lëtzebuergesch fonnt a versichen, dat awer emol iergendwéi esou duerzestellen: „Tubakverdampfer“. Dat konnt een elo där Deeg an der Press noliesen, déi anscheinend dann 90% manner schiedlech wären, mä deeselwechten Effet hätte wéi eng klassesch Zigarett.

Natierlech, wann een déi Diskussioun nach féiert, soll een och objektiv sinn an och op den ekonomeschen Aspekt hiweisen. Mir sinn eis natierlech bewosst, datt, wa manner gefëmmt gëtt, natierlech och manner Akzisen an d'Keess kommen. Mä d'Fro ass awer erlaabt, ob dat e Grond wär, fir net als Politik déi néideg Moossnamen ze huelen, fir d'Fëmmen esou vill wéi méiglech anzeschränke respektiv, wéi gesot, souguer deelweis ze verbidden.

Ech wëll och zum Schluss hei net onbedéngt elo en extrem negativt Bild vum Fëmmert zeechnen, mä mir mussen esou objektiv sinn, datt en awer net nëmmen elo duerch de Fait, datt en Damp vu sech gëtt, Nuisancë mat sech bréngt, mä et ass nach en aneren Aspekt, deen een net kann ënnerschätzen. An ech mengen, och all déi Kolleegen, déi Verantwortung um kommunale Plang hunn, déi wëssen dat. Et brauch een nëmmen hei ronderëmzegoen an duerch d'Stroossen ze trëppelen. A mech perséinlech, dat soen ech ganz éierlech, genéiert dat schrecklech, wann ech bal keng Plättche méi gesinn, mä nëmmen nach Megoten, nëmmen nach Zigarettestëmp, déi achtlos ewechgehäit ginn. Ech fannen, dat ass jiddefalls och e Manktum u Respekt.

Une voix.- Och de Knätsch!

Une deuxième voix.- Très bien!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Knätschgummi ass och e Problem, do hutt Der och recht, mä Zigarette sinn och e Problem. Ech wëll duerfir soen, datt et awer haut och Méiglechkeete ginn. Hei ass esou eng kleng Dous,…

(M. Gusty Graas montre une petite boîte blanche à l'audience.)

…an déi kann ee problemlos an d'Täsch stiechen, do kann ee seng Äschen dramaachen, do kann ee seng Stëmp dramaachen, déi mécht een erëm zou a stécht se an d'Täsch,...

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- Wou hutt Der déi hier, Här Graas? Vu wou kënnt déi?

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Kënnt Der eis d'Marque nach soen?

M. Gusty Graas *(DP)*.- …da brauch een dat net op de Buedem ze geheien.

Ech kann lech just soen: Et gëtt zumindest eng Gemeng, déi hire Bierger déi fir näischt gëtt.

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- A wéi heescht déi, Här Graas?

(Interruptions)

M. Gusty Graas *(DP)*.- Neen, et soll een ophale mat fëmmen, jo.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech gi ganz gären zou, wéi gesot, nach eng Kéier: Fir eng liberal Partei ass et net esou evident, Gewunnechten, déi eenzel Leit gären hunn, déi eenzel Leit gäre praktizéieren, an enger fräier Gesellschaft anzeschränken. Mä nach eng Kéier, et muss een einfach ofweien: Wat soll priméieren?

Fir eis ass et ganz evident, hei priméiert, éischtens, d'Gesondheet vun deem Eenzelnen, zweetens awer och virun allem de Schutz vun deene Jonken. Duerfir hu mir och kee Problem, dëst Gesetz ze stëmmen, a mir ginn an deem Sënn eisen Accord.

Ech wëll awer net ofschléissen, ouni der Madamm Hemmen nach e ganz grousse Merci auszesprieche fir hire Rapport. Et war net ëmmer esou einfach, dat ginn ech ganz gären zou. Mä si huet dat awer op eng gutt Manéier gemaach. An an deem Sënn, wéi gesot, ginn ech nach eng Kéier d'Zoustëmmung vun der DP.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Graas. An d'Wuert huet elo d'Madamm Lorsché.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Huet d'Madamm Lorsché och eng Këscht vun der Gemeng?

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Ech hu keng Këscht derbäi.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen - lauschtert gutt no, Här Gibéryen! -:…

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ëmmer! Ëmmer!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- ...„Wann ech erwächen, freeën ech mech drop, datt ech am Dag däerf fëmmen. A wann ech iessen, da freeën ech mech erëm drop. Jo, ech ka soen, datt ech eigentlech nëmmen iessen, fir duerno kënnen ze fëmmen, och wann ech domat e bëssen iwwerdreiwen. En Dag ouni Tubak, dat wier fir mech de Gipfel vun der Fadheet, e komplett eidelen a reizlosen Dag. A wann ech mir moies misst soen: ‚Haut gëtt et näischt ze fëmmen', ech mengen, da géif ech de Courage iwwerhaapt net fannen, fir opzestoen. Wierklech, ech géif leie bleiwen.“

Maacht lech keng Suergen, Dir Dammen an Dir Hären, dës Beschreiwung kënnt net vu mir selwer!

Plusieurs voix.- Aah!

M. André Bauler *(DP)*.- Da si mer berouegt!

M. Alexander Krieps *(DP)*.- Jo, mir si berouegt!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Wou steet se dann? Si steet am Thomas Mann sengem Roman „Der Zauberberg“, deen aus dem Joer 1924 ass. Dat war déi Zäit, wou d'Fëmmen nach als pure Pleséier konnt ugesi ginn oder héchstens als Laster, mat deem et sech gutt liewe gelooss huet. Gutt mat deem Laster liewe konnt och de berüümtsten Zigarettefëmmert vun der Welt, de brittesche Premier Winston Churchill, no deem souguer Zigare benannt gi sinn. En huet behaapt, datt e leidenschaftleche Fëmmert, deen iwwert d'Gefor vum Fëmme liest, einfach soll ophalen ze liesen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och wann eng Rei Fëmmerten, wéi déi, déi ech elo genannt hunn, de Winston Churchill, mä och d'Marlene Dietrich oder dee bekannten Helmut Schmidt, iwwer 90 Joer al gi sinn an och wa muncher deen Alter haut nach ëmmer erreechen trotz hirem ville Fëmmen, sou besteet awer keen Zweifel méi drun, datt d'Fëmmen de gesondheetleche Risikofacteur Nummer 1 ass an datt d'Fëmmen d'Liewenserwaardung an der Moyenne ëm 20 bis 25 Joer verkierzt.

Am Fong misst dës Erkenntnis schonn eleng duergoen, fir och deem leidenschaftlechste Fëmmert vun der Welt d'Freed um Fëmmen ze verdierwen. Mä dat ass net de Fall. Ech menge ganz, et wäerten ëmmer Mënsche ginn, déi sech esou nom Motto «je fume, donc je pense» vum bloen Damp inspiréiere loossen...

Une voix.- Donc je suis!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- ...a seng Risike bewosst a Kaf huelen. Donieft ginn ech och dovun aus, datt och an der Kultur a virun allem an de Filmproduktiounen ni ganz op déi villfälteg Symbolik vum bloen Damp verzicht wäert ginn, wéi zum Beispill, fir Spannung oder Onheemlechkeet hierzestellen respektiv och fir d'Femme fatale nach méi fatal ze maachen.

Här President, ech weess, mir sinn haut net am Kino, an et geet mir och mat dëser realistescher Aschätzung net drëms, e Plädoyer fir d'Fëmmen ze halen, ganz am Contraire: Ech sinn e Géigner vum Fëmmen.

Mir sinn an der Chamber a setzen eng EU-Direktiv ëm, déi d'Tubaksprodukter an hir Derivater zu Recht méi streng reglementéiert, dëst unhand vun enger Rei Moossnamen, déi d'Madamm Hemmen an hirem Rapport gutt presentéiert huet, an ech ginn och dofir net méi an den Detail an, soen hir awer dofir villmools Merci.

Kuerz gesot geet et jo ëm de Verbuet vun Zousazaromen, ëm d'Informatioun vum Konsument, ëm d'Avertissementer op de Verpackungen, ëm d'Deklaratioun vun neie Produkter an dann natierlech och ëm de Verbuet, Zigaretten ze verkafen u Leit, déi manner wéi 18 Joer hunn. Alles Moossnamen, déi mir vollkommen ënnerstëtzen.

Wichteg ass an eisen Aen och d'Aféierung vun engem europäeschen Identifikatiounssystem, vun deem nach kee geschwat huet, well deen de Wee vun den Zigaretteprodukter retraçabel mécht an et erlaabt, géint den internationalen Zigaretteschmuggel virzegoen. Wie weess, wat mat deene Gelder schonn alles verbrach ginn ass!

Doriwwer eraus hu mer an der Kommissioun, wéi scho gesot, och schonn decidéiert, d'Direktiv net nëmmen eent zu eent ëmzesetzen, mä méi wäit ze goen. Och dat begréisse mir.

Eng vun de wichtegste Froen, ech kommen och drop zréck, war déi, op wéi eng Plazen d'Verbuet vum Fëmmen nach sollt ausgedeent ginn, zousätzlech zu de Restauranten, de Bistroen, den ëffentleche Gebaier an deene Plazen, wou et haut scho verbueden ass, fir ebe grad déi Jonk nach besser ze schützen. Wann ee weess, datt extrem vill Krankheeten a Stierffäll op dat aktivt a passivt Fëmmen zréckzeféiere sinn - och déi Zuele si genannt ginn: 1.000 zu Lëtzebuerg, 700.000 an Europa - an datt de Kierper vun de Kanner besonnesch vulnerabel ass, dann ass et jo nëmmen normal, datt Erwuessener net méi am Auto däerfe fëmmen, wa Kanner ënner zwielef Joer am Auto sëtzen. Dora si mer eis alleguer eens. Et ka jo net sinn, datt d'Kanner an enger Këscht vun net méi wéi zwee Kubikmeter zu de Prisonnéier vum Damp vun hiren Eltere ginn!

Manner grouss ass de gesondheetleche Risiko natierlech ënner fräiem Himmel an och op Spillplazen. An awer si mir och hei der Meenung, datt déi Plazen dampfräi solle bleiwen, net nëmmen, fir d'Loft fräi vun Nikotinn ze halen, mä virun allem, fir d'Fëmmen a Präsenz vu Kanner ze tabuiséieren an zu der Denormaliséierung vum Fëmme bäizedroen. D'Fondation Cancer huet dat Thema oft an d'Press bruecht.

Här President, méi schwiereg ass et natierlech, d'Fëmmen an den Enceintes sportives ze reglementéieren. Meng Virriednerinnen a Virriedner si schonn drop agaangen. Dorënner falen déi genormt Stadien, un déi mer am Ufank eigentlech just geduecht hunn, mä net un déi aner. Et falen och Schwämmen, Tennis- a Volleyballsplazen, Petanque- a Skaterpisten, Ministaden an all méiglech Sportflächen ënner fräiem Himmel ënnert déi Dispositioun.

D'Léisung, déi mer an der Santéskommissioun zréckbehalen hunn, ass e Kompromiss. E besteet jo doran, déi Jonk ënner 16 Joer ze schützen an d'Fëmmen dee Moment ze verbidden, wa Jonker do Sport dreiwen. Et ass e Kompromiss tëschent der gefaarter Iwwerreglementéierung, wann et ëm d'Verhale vun Erwuessene geet, an der bestoender Ënnerreglementéierung, wann et ëm de Schutz vu Kanner a Jugendleche geet.

Als Gréng kënne mir mat deem Kompromiss liewen, well en, wéi gesot, méi wäit geet wéi dat, wat mer bis elo haten. Mä als Gréng, dat soen ech ganz haart, kéinte mir ganz gutt domat liewen, d'Fëmme generell op alle Sportsplazen ze verbidden, an dat aus zwee Grënn. Éischtens wier e Stadion ouni Tubak e staarkt Signal, fir ze weisen, datt Sport a Fëmmen net beieneepassen. An der Belsch, ech mengen, d'Madamm Arendt ass drop agaangen, sinn an där Logik sämtlech national Fussballsmatcher inklusiv dem Match vun der belscher Coupefinall als fëmmfräi deklaréiert ginn.

Äänlech ass et an anere Memberstaten, wou d'Fëmmen op Fussballsstadie komplett verbuede ginn ass, an dat net duerch en dirigisteschen Alleingang vun der Politik, mä am Konsens mat ganz unerkannten Instanze wéi der UEFA, der FIFA, dem Internationalen Olympesche Comité a souguer ganze Gruppe vu Sponsoren a Supporteren, déi sech an der Belsch zu 69% fir e Fëmmverbuet ausgeschwat hunn. Dat ass an engem Sondage festgehale ginn, deen Der iwwerall fannt, wann Der dono sicht. An deem Sënn schléisse mer eis deem Deel vun der CSV un, deen och där Meenung ass.

Den zweete Grond, firwat mir mat engem allgemenge Fëmmverbuet kënne liewen an deene Sportsenceinten, ass méi praktescher, mä och juristescher Natur. Ech woen näämlech ze behaapten, datt en allgemengt Fëmmverbuet an deenen Enceintë méi eng zolidd juristesch Basis hätt a méi einfach ëmzesetze wier wéi e Fëmmverbuet, wat un den Alter vun de Benotzer gekoppelt ass. Wärend zum Beispill bei Fussballsmatcher vun iwwer 16-Järege ronderëm den Terrain an och op den Tribüne gefëmmt däerf ginn, ass d'Fëmmen op deeneselwechte Plaze bei alle Liichtathletikmeetinge verbueden. Dat just, fir eng Sportaart ze nennen, déi mer méi bekannt ass. Dës Meetinge riichte sech näämlech u sämtlech Alterskategorien, déi ënnerhalb vun deene verschiddenen Disziplinne vun der Liichtathletik um ganzen Terrain verdeelt sinn. Et gëtt just eng eenzeg Ausnam am Joer.

Mir fäerten, datt dës Moossnam schwéier ze communiquéieren ass an och zu Konflikter wäert féieren, ëmsou méi well d'Regelen an enger an därselwechter Enceinte permanent kënnen änneren. Nach méi schwiereg gëtt et am Fräizäitsport, wou d'Sportsinfrastrukture souwuel vu Jonke wéi och vun Erwuessene genotzt ginn, an dat meeschtens zu ondefinéierten Zäiten.

Fir a Rou kënnen ze fëmmen, fir déi, déi dat dann awer do wëlle maachen, a sech net strofbar ze maachen, muss e Fëmmert u sech de Beweis hunn, datt keng Jonker ënner 16 Joer an der Enceinte Sport dreiwen. D'Fro ass just, wien dee Beweis dann elo liwwert. Dee Problem ass bis haut net geléist.

Aus all deene Grënn si mir e wéineg iwwerrascht iwwert dee méi wéi toleranten Avis vum Statsrot, dee sech weder d'Fro gestallt huet iwwert déi konkret Applikatioun vun dëser Dispositioun nach iwwer hir juristesch Standfestegkeet. Woubäi awer nach ze betounen ass, datt de Statsrot a sengem éischten Avis e generelle Verbuet virgezunn hätt.

Madamm Minister, aus deene Grënn wier et an eisen Aen net vu Muttwëll, an zwee bis dräi Joer e Bilan ze zéien an ze kucken, ob dës Moossnam an der Praxis d'Strooss hält - dës Moossnam ass, wéi gesot, net ganz sécher unzewenden - an ob et letztendlech net méi sënnvoll wier, d'Fëmme generell ze verbidden. Ech mengen, mir mussen nach eng Kéier op déi Fro zréckkommen.

Eng weider Dispositioun, déi méi wäit geet wéi d'Direktiv, ass déi, déi elektronesch Zigarett an d'Waasserpäif, d'Shisha, mat der klassescher Zigarett gläichzesetzen, wat d'Vente, d'Informatioun an déi fëmmfräi Plazen ugeet. Als Gréng si mir och hei iwwerzeegt, datt dës Decisioun komplett richteg ass. Firwat? Well den Undeel vu 16- bis 19-Järegen, déi zu der E-Zigarett gräifen, bewisenermoossen ëmmer méi héich gëtt, an domat och de Reflex, als Jonken ze fëmmen.

Interessant ass an deem Kontext d'Ausso vun engem däitsche Suchtspezialist, deen an enger ëffentlecher Unhéierung am Däitsche Bundestag erkläert huet, datt d'Sucht net just duerch den Nikotinn ausgeléist gëtt, mä datt d'Verhale selwer zur Sucht gëtt. Dee Moment, wou dat Suchtverhale bis besteet, ass de Grëff zur der klassescher Zigarett net méi wäit. Ëmsou méi, well déi klassesch Zigarett iwwerall an ëmmer ze kréien ass, méi bëlleg ass wéi déi sophistiquéiert E-Zigarett, déi vill Jonker sech net kënne leeschten. Derbäi kënnt, datt de Grëff zu der E-Zigarett de positiven Image vum Fëmmen oprechterhält an der Iddi vun der Denormaliséierung vum Fëmmen am Wee steet.

An awer, trotz dëser Erkenntnis ginn et nach ëmmer Leit, déi fir de fräie Konsum vun E-Ziga-

retten op alle Plaze plädéieren, well se dovun ausginn, datt dës Zigarette manner schiedlech sinn, wat laangfristeg nach guer net bewisen ass, mä och, well déi elektronesch Zigarett als Mëttel agesat gëtt, fir vun der Nikotinnofhängegkeet lasszekommen. Dat Argument ass net ze widderleeën. Duerfir hu mir kee Problem, wann d'E-Zigaretten als Ofgewinnungsmëttel ugerode ginn, am beschte vun Dokteren. Déi wëssen, vu wat se schwätzen.

A mir stellen och net a Fro, datt jiddweree fräi ass, déi Zigaretten do ze fëmmen, wou och déi klassesch Zigaretten erlaabt sinn a wou se kengem anere schueden.

Woubäi ech nach wéilt drop hiweisen, datt unerkannte Suchtspezialisten d'Nikotinnplooschteren als besser Alternativ ugesinn, fir vum Fëmme lasszekommen. Dës Plooschtere verursaachen näämlech keen Damp, stéieren net den Noper a maachen de Besoin oder de Reflex, an der Gesellschaft zur Zigarett ze gräifen, ganz einfach iwwerflëssig.

Här President, ee Punkt, dee mir tel quel aus der Direktiv iwwerhuelen, ass dee vun de Warnungen an den Informatiounen, déi an Zukunft 65% vun de Verpackungsfläche mussen ausmaachen. Et ass natierlech richteg a wichteg, d'Zigarettepäck mat Warnungen auszestatten an d'Konsumenten ze informéieren, datt d'Fëmme liewensgeféierlech ass. Domat gëtt d'Verantwortung op deen Eenzelnen iwwerdroen, deen en toute connaissance de cause muss decidéieren, de Pak ze kafen oder net, ze fëmmen oder net. Allerdéngs muss de Stat och Verantwortung iwwerhuelen, wann et ëm de Verkaf vun Tubaksprodukter geet. Déi Verantwortung läit net just beim Gesondheetsministère, dee fir d'Fëmmgesetzer zoustänneg ass. D'Verantwortung läit och beim Finanzministère, deen derfir suerge muss, datt ëmmer manner Leit Loscht hunn, Zigaretten ze kafen, well se hinne ganz einfach ze deier ginn. Och dat ass Gesondheetsschutz.

An deem Kontext begréisse mir, datt de Finanzminister Pierre Gramegna zesumme mat senge Regierungskolleegen decidéiert huet, d'Akzisen um Tubak regelméisseg an d'Luucht ze setzen an domat d'Präisentwécklung no uewen ze beaflossen.

Déi lescht Erhéijung geet iwwregens zréck op den 1. Februar 2017 als eng vu ville Moossnamen, déi am Plan national de lutte contre le tabagisme vun net manner wéi 22 Lëtzebuerger Institutiounen aus dem Santés-, Educatiouns-, Wirtschafts- a Finanzberäich ausgeschafft gi sinn. Et war eng ganz konstruktiv a luewenswäert Zesummenaarbecht. Dëse Plang ass ausgeriicht op d'Joren 2016 bis 2020. D'Zil vun deem Plang ass, resolutt géint den negativen Afloss vum Tubak an eiser Gesellschaft virzegoen, mam Fokus op Kanner a Jugendlecher.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Gréng si mir zouversiichtlech, datt dës Moossnamen hir Friichten droen an datt se dëse Projet de loi perfekt ergänzen. A mir sinn och frou, datt d'Fëmme lues a lues u Prestige verléiert. Am Géigesaz zu der Zäit vum Winston Churchill gëtt et hautdesdaags näämlech kaum nach een, dee sech traut, ëffentlech fir d'Fëmmen anzetrieden a sech mat den Netfëmmerten unzeleeën, et sief, e wier vun der Zigarettenindustrie gesteiert. Méi haart wéi den urale Kampf tëschent Fëmmerten an Netfëmmerten ass mëttlerweil de Kampf vun de Fëmmerte géint sech selwer, well se et nach net fäerdegbruecht hunn, vum bloen Damp lasszekommen.

Ech sinn iwwerzeegt, dëse Projet de loi wäert hinnen dobäi hëllefen an e wäert och déi Jonk nach besser schützen.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. Dat war eng Punktlandung.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Yes.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Dann huet d'Wuert den Här Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, datt d'Fëmmen ongesond ass, ech mengen, do si mer eis heibannen alleguer eens. An datt mer alles fir d'Gesondheet vun de Mënsche musse maachen, do si mer eis och heibannen alleguer eens. Duerfir, mengen ech, ass et scho wichteg, datt mer op Präventioun setzen, datt mer d'Leit informéieren an datt mer d'Campagnë maachen, wat d'Geforen an déi gesondheetlech Konsequenze vum Fëmme sinn.

Genausou wichteg ass awer, datt mer bei eiser Jugend ufänken, Regele wéi de Respekt vis-à-vis vun deem aneren an de Vierdergrond ze stellen: Respekt vis-à-vis vu Leit, déi net fëmmen, wann ee wëllt fëmmen. Wa mer déi zwou Regele virsetzen, d'Informatioun an de Respekt, a jiddereen hält sech dodrun, ech mengen, dat wier méi wichteg wéi e Verbuet. Well och haut kucke mer - et sinn elo zéng Joer hier, datt mer d'Fëmmverbuetsgesetz gestëmmt hunn - a stelle fest, trotzdeem mer do eng Rei vu Verbueter deemools agefouert hunn, wou eis Partei sech deemools enthalen huet, datt bei deene Jonken d'Zuel vun deenen, déi fëmmen, erëm an d'Luucht geet.

De Verbuet u sech bréngt näischt, wann net eng Campagne ass an d'Leit och iwwerzeegt ginn, wat d'Konsequenze sinn, an och fir de Respekt vis-à-vis vun deem aneren. Och ech perséinlech patschen heiansdo eng Zigarillo. Ech fëmmen awer net bei mir doheem. Ech fëmmen och net bei anere Leit an och net an engem Gebai. Ech fëmmen, wann ech spadséiere ginn, an ech fëmme bei mir am Auto, wann ech eleng fueren. Wa meng Honn souguer derbäi sinn, fëmmen ech aus Respekt viru mengen Honn net.

Une voix.- Ah!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- An ech mengen,...

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Och déi fëmme mat.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...esou wier et och normal, datt een aus Respekt vis-à-vis vun anere Leit net fëmmt, well een deenen doduerch kann iergendwéi eppes zoubréngen, wat déi Leit net wëllen. Dat eng Virbemierkung: datt fir mech de Respekt an d'Informatioun virun engem Verbuet stinn.

Eng zweet Virbemierkung, dat ass eng gewësse politesch Hypokrisie, déi een heibanne ka feststellen, wann ech hei alleguer déi Politiker de Mëtten héieren hunn, déi iwwert d'Fëmmverbuet geschwat hunn. A meng gréng Kolleegin virdrun huet souguer dervu geschwat, fir e generelle Fëmmverbuet ze maachen, si gehéiert awer enger Regierung un, déi eng Finanz...

(Interruption par Mme Josée Lorsché)

...eng Finanzpolitik - Madamm Lorsché, lauschtert mer no! -, déi eng Politik mécht - déi eng Politik mécht! -, fir datt d'Frontaliere solle massiv op Lëtzebuerg Zigarette kafe kommen, well mir hei zu Lëtzebuerg dann esou vill wéi méiglech Akzise kréien.

An hei ass gesot ginn, datt d'Regierung lues a lues déi Präisser upasst. Mä si passt se ëmmer nëmmen esou vill un, datt Lëtzebuerg nach attraktiv bleift an datt d'Frontalieren heihinnerkommen. Da misste mer och esou konsequent sinn a soen: „Mir maachen hei zu Lëtzebuerg d'Präisser esou héich, datt kee Frontalier méi heihikënnt. Da verzichte mer och op dat Geld!" Mä esou konsequent sidd Dir alleguer net, déi Der de Mëtten hei fir déi Fëmmverbueter esou generell agetruede sidd!

Här President, ech ginn op e puer Punkten an. Ee vun de Punkten ass, datt mer den Alter vun 18 op 16 Joer erofsetze fir de Verkaf...

M. Alexander Krieps *(DP)*.- Neen, et ass de Géigendeel!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Eropsetzen.

Plusieurs voix.- Et ass ëmgedréit.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Jo, ech wollt just kucken, ob Der nach géift nolauschteren.

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Mir lauschteren no, mir lauschteren no!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Also vu 16 op 18 Joer eropsetzen,...

Une voix.- Dat ass en ale Witz, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ... wat de Verkaf vun den Zigaretten ubelaangt.

Dat kann ee begréissen. Mä ech erënneren drun, datt mer virun zwee Joer e Referendum haten. Du waren et déiselwecht Leit, déi sinn heihinnerkomm an hu gesot: „Mir mussen de Wahlalter vun 18 op 16 erofsetzen, well déi Jonk, déi si mat 16 Joer mëndeg genuch, fir selwer kënne politesch Decisiounen ze huelen an ze decidéieren, wat gutt ass a schlecht ass fir si an dësem Land." Déiselwecht Leit soen elo awer: „Si sinn, wat d'Fëmmen ubelaangt...

(Brouhaha et interruptions)

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...wat d'Fëmmen ubelaangt, si se nach ëmmer mannerjäreg an do musse mer den Alter op 18 setzen." Also, wéinst Iech hätte se kënne wiele goe mat 16 Joer, awer fëmmen däerfe se eréischt mat 18 Joer. Ech wollt op nach eng weider Onkonsequenz vun dëser Regierung hiweisen!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- E weidere Punkt, Här President, dat ass dat, wat esou vill diskutéiert ginn ass, dat ass mat de Sportsterrainen, d'Fëmmen, wa Jugendlecher um Terrain si vu 16 Joer. Ech mengen, do hat - wann een d'Rapporte liest vun der Kommissioun, mir si jo net an där Kommissioun vertrueden, duerfir hu mer d'Rapporte gelies -, do hat d'CSV och gesot, dat wier eng disproportionéiert Moossnam, déi do geholl gëtt. Esou steet am Rapport. Dat kann een ënnerschreiwen. Well wann een dat an der Praxis bedenkt: Et sëtzt een op enger Tribün e Match nozekucken an da leeft e Jugendleche vun 12-13 Joer do 50 m vun engem ewech um Terrain - dann däerf een net fëmmen!

Une voix.- Jo, dat ass gutt!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- An da spillen déi Grouss um Terrain an da sëtzt dee Jugendlechen nieft engem op der Tribün, direkt niewendrun - dann däerf ee fëmmen!

(Hilarité)

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Dofir hu mir gesot, et wär net konsequent genuch.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat ass esou, wéi dat heite Gesetz applikabel ass a wéi et herno wäert an der Praxis sinn.

An da gi mer hin an da gräife mer an d'Privatsphär vun de Leit an a mir soen: „An engem Auto, wann do e Kand ass vun ënner 12 Joer, dann däerf guer net méi gefëmmt ginn." A wann et der 13 huet, dann däerf een erëm esou vill fëmmen, wéi ee wëllt! Mä wann et um Fussballsterrain 50 m vun Iech ewech leeft, dann däerft Der erëm net méi fëmmen. Dat ass d'Praxis vun dësem Gesetz, wéi et sech applizéiert!

An da muss ee sech d'Fro stellen: Wéi wäit wëllt Der nach an d'Privatsphär vun de Leit agräifen? Wéi ass et mam Schutz vun de Kanner? Wann da muer eng Fra mat der Poussette mam Bëbee fiert, däerf déi dann och elo net méi fëmmen? Dat däerf se nach. Si däerf och nach fëmmen, wa se enceinte ass. Och dat huet sécherlech negativ Nowierkunge fir dat Kand, do si mer eis alleguer eens. A wa se doheem an engem Zëmmer sëtzt a si patscht dee ganzen Dag, ass dat déi nächst Etapp, datt mer bei d'Leit dann heem kucke ginn? Datt se, esou wéi bei Feier, Alarmmelder an d'Haiser kréien? Wann een ze vill fëmmt, wann een e Kand dobannen huet, da päift et dobaussen, da kritt een e Protokoll?

Dat heescht, et muss ee wëssen: Wéi wäit wëlle mer goen, an d'Privatsphär vun de Leit agräifen? Wa mer d'Leit net dervun iwwerzeegt kréien, datt et schiedlech ass, wa se fëmmen, wa Kanner derbäi sinn, datt et och fir si schiedlech ass, a wa se net de Respekt hu vis-à-vis vun de Leit, da spillt dat doten alles keng Roll. Dat sinn dann nëmme kleng Drëpsen, wann ech um Fussballsterrain op der Tribün net méi fëmmen an d'Kanner lafen um Terrain. Doheem kann ech fëmmen, ech kann iwwerall fëmmen. Et muss e generellt Emdenke bei de Leit kommen a keng Verbueter. Dat féiert zu näischt.

An ech sinn och iwwerzeegt... Ech hu mat Jugendlechen d'lescht Woch eng Diskussioun gehat. Do hu mer dovu geschwat, wann dann elo duerch d'Fëmmverbuet de Verkaf op 18 Joer eropgesat gëtt. Do hunn déi ënner 18 Joer gesot: „Oh, mir kréien et awer, wa mer et gären hätten." An déi iwwer 18 Joer hunn zu mer gesot: „Ma dat ass eng gutt Saach fir eis, da gi mir se kafen! A mir verkafen deene Jonke se fir een Euro de Pak weider virun", soten déi. Déi maachen also nach e Geschäft. Dat heescht, och domadder wäerte mer näischt erreechen.

Et ass genausou wéi mam Alkohol. Dat wier genau wéi wa Jugendlecher vu 16 bis 18 Joer haut keen Alkohol géifen drénken, well mer et verbidden. Neen! All Verbuet ass e Reiz bei deene Jugendlechen, just de Contraire ze maachen. An duerfir soen ech dat: All déi Verbueter bréngen bei de Jugendlechen näischt!

An dann zum Schluss, Här President, nach e Wuert, wat déi elektronesch Zigarett ubelaangt. Et ass sécherlech sou, datt dat eiser Meenung no och net gutt fir d'Gesondheet ass. Mä ech wëll soen, net méi spéit wéi gëschter konnt een an der Press liesen, datt d'Englänner just de Contraire soen. An déi soen am Fong: „Rauchern zufolge hilft die E-Zigarette tatsächlich, vom Tabak loszukommen. Das Eurobarometer der Europäischen Kommission ergab zum Beispiel für 2014, dass 14% aller Befragten, die das Dampfen ausprobiert hatten, sich so das Rauchen herkömmlicher Zigaretten abgewöhnt hatten." An da soe se souguer, datt d'Englänner géifen erwägen, d'E-Zigarett an hirem Entwöhnungsprogramm souguer anzesetzen. Dat heescht, déi ginn am Fong elo just en anere Wee. Déi verbidde se net, mä déi soen: „Kommt, mir hale se fir Leit, déi wëllen aus dem Fëmmen erausgoen!" An duerfir, mengen ech, gëtt et eng ganz Rei vun Diskussiounen, déi een do muss mat berücksichtegen.

Här President, wat eis als ADR stéiert: Mir hunn d'Fëmmgesetz deemools net matgestëmmt. Net, well mer dergéint sinn, datt d'Leit sollen net méi fëmmen, neen, well mer deemools dergéint waren, datt de Stat sech an d'Privatsphär agemëscht huet. Datt en de Wiert virgeschriwwen huet, datt net méi däerf bei hinne gefëmmt ginn. Mir hunn deemools gesot, mir misste virschreiwen, datt de Wiert misst decidéieren, ob bei him gefëmmt gëtt oder net, an datt en dat misst affichéieren. Da wéisst jiddereen, a wat fir eng Wiertschaft datt e geet. An dann hätt een och gesinn, déi, déi net gefëmmt hätten, wieren an déi eng gaangen, déi aner, déi gefëmmt hätten, wieren an déi aner gaangen. Dat heescht, d'Fräiheet vun deem Eenzelne wier respektéiert ginn.

An haut maache mer e weideren Aschnëtt an d'Privatsphär vun den eenzelne Persounen duerch d'Verbuet. An dat ass e Wee, dee mir net kënne matgoen. Ech hu virun zéng Joer hei gesot: „Mir kënnen dach net hei an engem Stat sinn, wou mer e kompletten Dirigismus vun uewen erof maachen, wou d'Leit nëmme méi virgeschriwwe kréien, kontrolléiert kréien, verbuede kréien an herno och nach duerfir protokolléiert ginn." Datt ech virun zéng Joer eng Wäitsiicht hat, dat kënnt mir dann och emol eng Kéier vir, well dat hei ass genau dat, wat ech deemools gesot hunn. An et wäert an déi Richtung weidergoen.

Mir sinn als ADR net dermat averstanen, datt de Stat sech ëmmer méi an d'Privatsphär vun dem eenzelne Bierger amëscht an duerfir stëmme mir géint dëst Gesetz.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Däerf ech dem Här Gibéryen eng Fro stellen?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ech mengen, den Här Gibéryen ass fäerdeg.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dir kënnt mer se hei ënne stellen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- An ech ginn elo d'Wuert un den Här Marc Baum weider.

(Interruption par M. Gast Gibéryen et hilarité)

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Här President, am Géigesaz zum Här Gibéryen hu mir viru véier Joer dat Gesetz iwwert d'Fëmmverbuet an de Bistroe matgestëmmt. Mir hunn et matgestëmmt, well bei där Fro, déi derhannertläit, deem Spannungsverhältnis tëschent individuelle Fräiheeten an Interessie vun der Allgemengheet, an deem heite Fall, an deem Fall vum Fëmmverbuet a Bistroen effektiv d'Interessie vun der Allgemengheet iwwerwien hunn, mat engem ganz staarken Argument: näämlech dem Schutz vun deene Leit, déi an deem Moment an deem Bistro sinn. Elo kann ee soen: „Dat ass fräiwëlleg, si misste jo net an dee Bistro goen." Mä virun allem ass et och als Schutz vun deene Leit, déi do schaffen, vun de Salariéen am Horeca-Beräich.

Duerfir hu mer an der Debatt vum 2. Juli 2013 dëst Fëmmverbuet och mat ënnerstëtzt, well mer fonnt hunn, datt dat awer e ganz staarkt an och e ganz iwwerzeegend Argument ass.

Mir hunn awer hei bei dësem Projet méi grouss Problemer, an zwar an dräi Beräicher. Éischtens gëtt de Champ d'application vun dësem Gesetz ausgebaut. Also, an Autoen, wou Kanner ënner zwielef Joer dra sinn, däerf net gefëmmt ginn. Wat, mengen ech, och eng Regel ass de bon sens, wou ech just denken, datt dat an der Praxis herno schwéier kontrolléierbar ass. An d'Fro ass, ob ee Gesetzer mécht, déi herno wierklech schwéier kontrolléierbar si respektiv an der Praxis net wierklech ëmgesat kënne ginn.

Op Spillplazen ass elo ausgeweit ginn, also am ëffentleche Raum, am Open Air. Och dat ass eigentlech eppes, wou ee seet, dat ass de bon sens, a wou mer och kee Problem hunn.

Mä mir hunn awer méi e grousse Problem an där Fro, déi jo och an der Kommissioun grouss Diskussiounen ervirbruecht huet, näämlech an oppene Sportplazen, wa Jugendlecher ënner 16 Joer do Sport dreiwen. Éischtens och, well dat, mengen ech, ganz schwéier kontrolléierbar ass, an awer zweetens och, well et awer eng gewëssen Inkohärenz ass, datt op där enger Säit an engem Auto, wat awer e relativ zouenen, enke Raum ass, dann Elteren oder Erwuessener fëmmen däerfen, wann en 13-Järegen derbäi ass, an am Espace public, am oppene Raum, am Open Air, däerf een net fëmmen, wann e 15-Järege spillt. Mir mengen, datt dat net ganz kohärent ass, a fäerten och, datt domadder verbonnen d'Fro jo awer och doläit: Wéi wäit gi mer mat deene Verbueter? Ech weess, datt den originale Projet dat do och net virgesinn hat. An ech mengen, datt et e

bëssen e fault Ee ass, wat de Statsrot der Madamm Minister do an d'Nascht geluecht huet.

Well wa mer déi Logik ufänken, da kéinte mer jo soen: „Mä wat hënnert eis dann drun (veuillez lire: ze verbidden), datt op enger Terrass gefëmmt gëtt, wa Kanner do derbäi sinn?" An da gi mer ganz wäit. Da kënne mer och soen: „Mä firwat soll dann op ëffentleche Plazen iwwerhaapt nach kënnen, däerfe gefëmmt ginn, wa Jugendlecher ënner 16 Joer do sinn?" An da si mer matzen an enger wierklecher Verbuetsdiskussioun. An da si mer matzen an der Logik vun der Prohibitioun, déi, mengen ech, och an der Vergaangenheet gewisen huet, datt dat net kann d'Léisung sinn a just en Element ass, fir Symptomer ze bekämpfen, an net d'Ursaache vum Problem ze bekämpfen.

Ech muss dem Här Gibéryen och recht gi bei deem, wat e seet, wat de Verkaf ugeet. Et ass a mengen Aen inkohärent, fir ze soen: „Tubak däerf eréischt ab 18 Joer verkaaft ginn an Alkohol ab 16 Joer." Dat heescht, am Bistro ass dann e 16-Järegen, deen däerf Béier drénken, en däerf sech awer do keng Zigarette kafen. A wat ass dann och d'Valorisëierung vun deenen eenzelne Geforen? An och, wéi e Verständnis entwéckele mer dann domadder vum Suchtverhale vun eenzelne Leit?

Deen allergréisste Problem hu mer awer mat der Gläichsetzung vun der elektronescher Zigarett mat der klassescher, well, an dat ass virdrun och scho gesot ginn, dat steet och am Exposé des motifs, si ass objektiv gesi manner schiedlech wéi déi klassesch Zigarett. An et kann ee se net wierklech, wat d'Nuisancen ugeet, domadder vergläichen. Mir fäerte souguer, datt déi klassesch Zigarett domadder banaliséiert gëtt, well déi jo dann eigentlech op deeselwechten Niveau gesat gëtt wéi déi elektronesch oder wéi d'Shisha, an datt domadder eigentlech e kontraproduktiven Effekt ausgeléist gëtt.

Ech hat dat och an der Kommissioun gesot, datt ech dat bedenklech fannen, an d'Argumentatioun, déi jo och elo an der Debatt ëmmer erëmkomm ass, ass awer e bëssen eng speziell gewiescht, andeem gesot gëtt: „Mä et geet ëm de Geste vum Fëmmen, den Akt vum Inhaléieren, fir dee manner attraktiv ze maachen oder fir deen anzeschränken." Mä da si mer an enger komplett anerer Logik wéi an deem Gesetz vu viru véier Joer, wou mer objektiv gesondheetlech Elementer dran haten, wou et drëm gaangen ass, Leit ze schützen. An deem heite Fall si mer éischter an enger Logik vu Verhalensnormen, Verhalensformen, déi interessant oder net interessant solle gemaach ginn.

En plus weess ech och vun enger ganzer Rëtsch Leit, déi d'elektronesch Zigarett och erfollegräich benotzt hunn als Mëttel, fir opzehalen. Duerfir mengen ech, datt dat net an déi richteg Richtung geet.

D'Madamm Kemp-Arendt hat virdru gesot, et géif net drëm goen, d'Tubaksindustrie ze verdäiwelen. Ech sinn do anerer Meenung. Ech mengen, et geet roueg och drëm, fir d'Tubaksindustrie ze verdäiwelen. An ech mengen, datt et méi konsequent gewiescht wier, oder zumindest eng Viraussetzung gewiescht wier, datt de lëtzebuergesche Stat zumindest ophält, Suen an d'Tubaksindustrie ze investéieren! An deenen ëffentleche Fongen, déi e selwer dirigéiert, am Pensiounsfong, am Zukunftsfong, ass et nach ëmmer esou, datt mer Aktien hu vu Gesellschaften aus der Tubaksindustrie. Ech mengen, datt dat e wichtegt Mëttel wier, fir deem entgéintzegoen. An do misste mer eigentlech och usetzen.

Dëst gesot, Här President, hu mer wierklech ganz grouss Schwieregkeeten, dëst Gesetz an där doter Form matzedroen a wäerten dat duerfir och net maachen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Baum. Ech mengen, mir sinn um Enn vun den Diskussiounen ukomm. An dann huet d'Wuert d'Madamm Gesondheetsminister Lydia Mutsch.

Prise de position du Gouvernement

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de la Santé.-* Verbueter alleng ginn net duer! Si mussen éischtens verstane ginn, also novollzéibar sinn. Si mussen zweetens gelieft ginn, also akzeptéiert ginn. A si mussen agehale ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass bei eisem Kampf géint den Tubak net aneschters. Déi konsekutiv Regierungen hu sech deem Kampf ugeholl a si hu sech dobäi besonnesch fokusséiert op de Schutz vun deene jonke Leit. A bei dëser Regierung ass et d'selwecht.

Wat ganz wichteg bei där Demarche ass, ass, dass se op wëssenschaftlechen Evidenze beroue muss, dat heescht, dass se novollzéibar ass. De Fakt ass: Fëmmen ass eng extrem gesondheetlech Belaaschtung, schonn alleng duerch d'Schied, déi beim Passivfëmmen entstinn, a gëtt scho laang net méi, weder vun dëser Regierung nach vu viregte Regierungen, als Privatsaach ugesinn.

Dat gëllt ëmsou méi, wann et ëm Kanner a Jugendlecher geet, wou d'Responsabilitéit vun den Eltere vill méi mat engagéiert ass, vum direkten Entourage an eigentlech och vun eis all! Ee vu fënnef Jonken zu Lëtzebuerg, deen ënner 18 Joer al ass, fëmmt nach ëmmer. Oft scho vun 13, 14 Joer un. Bei der Alterskategorie vun 18 bis 24 Joer fëmmt all Véierten, 30% vun de Jongen an där Alterskategorie. A 70% vun de Fumeure fänken un, ier se 18 Joer hunn.

Wann dat alleng, déi do Zuelen, net Grond genuch sinn, fir nach nozebesseren an der Legislatioun géint d'Fëmmen, wat wier et dann?!

Une voix.- Très bien!

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de la Santé.-* De Schued op gesondheetlechem Plang ass effektiv enorm.

Ech wëll elo net hei alleguerten déi Zuele widderhuelen, déi hei scho genannt gi sinn, virun allem och vun der Madamm Hemmen, där ech fir hiren exzellente Rapport wëll felicitéieren, souwuel dee schréftleche wéi och dee mëndlechen, mä awer och fir déi Aarbecht, déi si als Presidentin an der Kommissioun leescht, an déi et mat erméiglecht huet, dass op esou eng konstruktiv Aart a Weis dëse schwieregen Dossier konnt an der Kommissioun diskutéiert ginn.

7 Millioune Mënsche stierwe weltwäit all Joer un de Suitte vum Tubak! Dovunner si 600.000 iwwerhaapt selwer keng Fëmmerten. E Véierel vun de Laangzäitfëmmerten - déi Zuel ass hei genannt ginn, mä déi fannen ech besonnesch krass - verléieren esou bis zu 20, 25 Joer vun hirem Liewen! Den Tubakkonsum bleift nach ëmmer, och bei eis an Europa, déi éischt evitabel a prematuréiert Doudesursaach: Duerch d'Fëmme stierwen an Europa all Joer bal 700.000 Mënschen! An zu Lëtzebuerg: 1.000 Doudesfäll duerch d'Suitte vum Tubak, d'Schied vum Passivfëmmen nach guer net abegraff.

Et ass hei éineschters vum Gusty Graas e bëssen anekdotenhaft geschwat gi vun de Schied um ëmweltpolitesche Plang. Ech fannen dat éierlech gesot och guer net witzeg, dass 10 Milliarden Zigarettestëmp an d'Natur geheit ginn, pro Dag! Ech fannen dat guer net witzeg.

An eng Zuel, déi hei nach net genannt ginn ass, dofir nennen ech se dann: D'Weltgesondheetsorganisatioun - dat sinn elo déi lescht Zuelen, déi mer d'lescht Woch mat op de Wee kritt hunn - schätzt de Coût vun der medezinnescher Versuergung an de wirtschaftlechen Ausfall duerch eng Krankheet oder e fréizäitegen Doud, verursaacht duerch den Tubak, op 1,4 Milliarden US-Dollar. Wann een dat op Lëtzebuerg géif ëmrechnen, da wieren dat ronn 130 Milliounen Euro am Budget vun der CNS all Joer, déi mer fir aner, vill méi gescheit Saache kéinten asetzen, wéi d'Folge vum Fëmmen ze behandelen.

Et ass also, egal wéi mer eis dréien a kéieren: Den Tubak ass ee vun de gréisste Gesondheetsrisiken iwwerhaapt. Op d'mannst ee Fumeur vun zwee stierft fréizäiteg un de Suitte vum Tubak. Bei den Haaptursaache kommen un éischter Plaz, mat iwwer engem Drëttel vun de Fäll, Häerzerkrankungen mat Häerzinfarkt, zerebrovaskulär Krankheeten, déi oft zum Hireschlag féieren, Longekriibs, aner Kriibser: Mond-, Hals-, Kehlkopf-, chronesch Erkrankunge vun den Otemweeër, chronesch Longekrankheeten... Lauter ganz schrecklech Saachen!

Verstitt also, firwat ech et ganz wichteg fannen, dass mer weider aktiv ginn an an eisen Efforten net noloossen!

An et ass falsch, wann hei behaapt gëtt, dass Antitubakgesetzer näischt géife bréngen! De Contraire ass de Fall! Ech wëll lech just zwou Zuelen nennen: Mir waren hei 2007 (veuillez lire: 2005) - a kommt, mir bleiwen ee Moment bei där Alterskategorie vun 18 bis 24 Joer, well dat si jo mat déi, déi eis besonnesch interesséieren, déi jonk Leit -, ee Joer ier mer eist Tubaksgesetz bruecht hunn, bei bal 40% Fumeuren: iwwer 38%. An 2013, also aacht Joer duerno, ware mer bei 20%. Ben, dat ass dach awer e klore Succès, dee mer do erreecht hunn!

A mir hunn et elo gemierkt, an et geet deenen anere Länner geneesou: Wann een erëm e bëssen noléisst oder wann erëm e bëssen Normalitéit an déi Saach erakomm ass, da ginn déi Zuelen erëm liicht an d'Luucht. Dat ass och hei de Fall a Lëtzebuerg an och an anere Länner. An dofir muss kontinuéierlech nogebessert ginn a mir dierfen do wierklech net opginn.

Ech hu mech immens gefreet, genee wéi d'Presidentin vun der Kommissioun, dass mer de Rapport zu dësem Gesetz konnten unanime stëmmen an der Kommissioun. Dat weist awer déi Responsabilitéit, déi dës Volleksvertrieder bereet sinn ze iwwerhuelen, virun allem fir de Schutz vun deene jonke Leit. Iwwerparteilech! Dat fannen ech ganz wichteg an dat huet mir Freed gemaach. A virun allem fannen ech et weiderhi wichteg, well eise Fokus op deene Jonke läit a well mer eis wierklech net ginn, fir ze ënnersträichen, wéi dramatesch d'Konsequenze vum Fëmmen op hir Gesondheet an op hiert Wuelbefannen sinn. An dofir ass a muss eist gréisst Beméien doranner leien, fir ze verhënneren, dass déi jonk Leit iwwerhaapt ufänke mat Fëmmen.

Dowéinst, wann hei gesot gëtt: „Déi Antitubakgesetzer: Aschnëtt an d'Fräiheet", „Brénge souwisou näischt, well Verbuet, dat incitéiert just, fir awer nawell express ze fëmmen", ma dat ass ganz einfach net wouer! D'Fëmmgesetzer hunn eppes bruecht, hei am Land an och an deenen anere Länner, déi déi Gesetzer bruecht hunn.

Bon, et ass hei vun deenen Ännerungen, déi et an dësem Gesetz ginn, scho vill geschwat ginn. Déi Ännerungen, déi komm sinn, well se obligatoresch sinn an der Direktiv, an déi Ännerungen, déi komm sinn, well mir geziilt méi wäit wollte goen. Ech wëll och nach eng Kéier betounen, dass d'Direktiv ausdrécklech d'Länner encouragéiert, fir iwwer hir national Bestëmmunge méi wäit ze goen, a mir hunn déi Méiglechkeet hei genotzt.

Bon, ech wëll dat Wuert „fault Ee" hei opgräifen, dat elo vum leschte Riedner geholl ginn ass. Ech mengen dat guer net, dass de Statsrot eis „e fault Ee an d'Nascht geluecht huet", andeem e sech un déi Bestëmmungen drugehaangen huet, déi am Gesetz dra waren, dass mer op de Spillplazen d'Fëmme wëlle verbidden, wa Kanner do sinn. En huet einfach gesot: „Dat ass inkonsequent. Wann Der dat op de Spillplaze maacht, da gitt och op d'Sportsterrainen, well do sinn déi Jonk och aktiv an do wëllt Der eigentlech deen nämlechte Message ginn: dass Der deene Jonken - an de Kanner virun allem - d'Méiglechkeet wëllt ginn, an engem fëmmfräien Emfeld opzewuessen an net iwwerall mat Erwuessene konfrontéiert ze ginn, déi dat normal fannen, dass een op enger Plaz, wou ee spillt a wou ee Sport dreift, och kann a soll fëmmen."

Dofir fannen ech schonn, dass et wichteg ass, dass mer dee Wee gaange sinn. Ech fannen et awer och novollzéibar, dass de Statsrot seet: „Wann Der A sot, da musst Der awer och zumindest bereet sinn, Reflexiounen unzestellen an och B ze soen, well Sport a Spill sinn awer no matenee verbonnen." An ech gehéieren zu all deenen - an et sinn der vill, déi dat hei gesot hunn -, déi denken, dass Spill a Sport a Fëmmen absolutt net beieneepassen, an dofir mengen ech, dass mer hei richteg leien! Well genee dat ass et, wat mer wëllen: iwwert de politesche Wëlle weisen, dass mer präventiv géint den Tubakkonsum bei deene Jonke wëlle virgoen, andeem mer d'Kanner - a speziell d'Kanner! - virun de gesondheetsschiedlechen Auswierkunge vum passive Fëmme wëlle schützen.

A mir maachen eigentlech verstäerkt eppes, wat ech fir besonnesch wichteg halen. Ech hu vun eiser Responsabilitéit als gesondheetspolitesch Decideure geschwat. Ech wëll awer och soen, dass ech verstäerkt d'Noutwendegkeet gesinn, fir d'Elteren ze responsabiliséieren an hirer Virbildfonctioun, sech wierklech bewosst ze ginn, dass et net gutt ass an net richteg ass, wat se do maachen, wa se op enger Spillplaz, op enger Sportplaz fëmmen, wou hir Kanner ronderëm sinn. Et ass iwwregens eng Mesure, déi och den Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand explizitt begréisst.

Dann den Auto: D'Chamberskommissioun huet de Wonsch ausgedréckt, fir de Verbuet vum Fëmmen am Auto an d'Gesetz ze integréieren, an ech hunn dat begréisst. Ech fannen dat effektiv e couragéierte Schratt. Bon, fir elo ze soen: „Wéi kontrolléiert Der dat?", ma d'nämlecht wéi de Gurt, d'nämlecht wéi den Handy!

Et ass net honnertprozenteg ze kontrolléieren, an trotzdeem muss et sinn! Et muss einfach agesi ginn, dass et an engem klengen Espace wéi engem Auto onverantwortlech ass, dass gefëmmt gëtt, wa Kanner derbäi sinn. A souguer wann eng Fënster op ass oder d'Klimaanlag leeft, da muss ee wëssen, dass dat absolutt net duergeet, fir den Damp an déi toxesch Stoffer effikass ze evakuéieren. An ech sinn iwwerzeegt, dass dat, jo, vläicht vill wäert diskutéiert ginn, mä dass dat awer zu engem Emdenke bei de Leit wäert féieren an dass d'Leit sech et schonn dowéinst vu sech aus an Zukunft iwwerleeën, ier se ufänken, am Auto ze fëmmen, och wann net op all Eck kann e Polizist stoen.

An ech wëll just an deem Kontext soen, dass scho bal en Drëttel vun allen EU-Länner och op deen dote Wee gaange sinn. Also mir sinn hei net dat éischt Land vun der Welt, wat op déi doten Iddi komm ass. Dat ass schonn eng Schutzbestëmmung, wou ganz vill aner Länner och schonn op dee Wee gaange sinn oder amgaange sinn ze goen.

Iwwregens kann ech mech erënneren, wéi mer deemools - well mir hu jo och déi aner Tubakgesetzer an Hürde geholl - iwwert d'Discoe geschwat hunn. Also ech gehéieren och zu där Generatioun, déi an d'Disco gaangen ass an et war schick, an där enger Hand eng Fëmm an an där anerer Hand e Cocktail ze hunn. An ech ka mech erënneren, wéi dat diskutéiert ginn ass an der Kommissioun, wou gesot ginn ass: „Mä hutt Dir se nach all? Denkt un déi vill jonk Leit, Honnerten - Honnerten! -, déi an enger Disco sinn! Wéi wëllt Dir dat organiséieren, fir herno do ze kontrolléieren, dass net méi gefëmmt gëtt?" Ech wëll guer net ausschléissen, dass an enger Disco heiansdo nach eng ugefaange gëtt, mä et gëllt als komplett normal, dass an enger Disco net méi gefëmmt gëtt, an dat ass an d'Mentalitéiten iwwergaangen. An ech mengen, dass dat hei och an d'Mentalitéiten iwwergeet.

An et kann ee selbstverständlech, Här Gibéryen, alles an d'Lächerlecht zéien! Dat ass guer kee Problem. Ech kéint mer och virstellen, dass vläicht nächst Regierungen op d'Iddi kommen, fir déi privat Dynamik, déi bei der UEFA, bei der FIFA entstanen ass, fir ze soen: „Ma haalt dach op mat deene Saachen a maacht Ar ganz Stadione fëmmfräi!", oder och vu Gemengen, déi schonn op dee Wee ginn - ech hunn elo gelies: Beim F91 op de Gradine gëtt och net gefëmmt -,... Also dat ass alles luewenswäert! Ech ka mer virstellen, dass eng Kéier gesot gëtt: „Majo, wat mer do deemools an d'Gesetz geschriwwen hunn, dat war vläicht en éischte Schratt, mä dat ass net wäit genuch gaangen." Ech ka mer dat virstellen!

Mä dat ass awer kee Grond, fir et an d'Lächerlecht ze zéien! An dat ass wierklech och kee Grond, fir hei vun engem Abroch an d'Fräiheeten ze schwätzen. An do hunn der esou vill viru mir elo hei vun der Noutwendegkeet geschwat, fir als politesch responsabel Decideure d'Fräiheeten do anzeschränken, wou e Schued zougefouert gëtt a wou ee muss agräifen, a virun allem, wann et ëm jonk Leit geet.

D'elektronesch Zigarett, déi mir an dësem Projet, wat mer net hätte missen, mat der Zigarett gläichstellen. Bon, ech hunn éineschters gesot: „Et ass ëmmer gutt, wann ee wëssenschaftlech Evidenzen huet." Hei muss ech och e bëssen éierlech sinn: Mir hunn natierlech, well et d'elektronesch Zigaretten och elo nach net esou laang gëtt, net iwwer 30 Joer wëssenschaftlech Etüden, déi mer kënnen zu Rot zéien a beweisen, dass déi Liquiden, wou wierklech vill Sauereien dra sinn - dat kann ech lech confirméieren, dass do all Zorte Substanzen dra sinn, Ethanol, Formaldehyd, Properdin, Glykol, Glyzerin, déi Reizungen ausléisen, déi Gesondheetsschied ervirbréngen, déi toxesch sinn, kriibserreegend sinn -, geféierlech sinn.

Dat kënne mer natierlech net mat engem Recul vun 30 Joer Etüde beweisen, mä do optéiere mer - mir hunn éineschters kuerz iwwert d'OGMe geschwat - fir eng virsiichteg Approche als Land. Dat stoung eis bis elo ganz gutt zu Gesiicht, dass mer fir eng virsiichteg Approche als Land optéieren, an hei musse mer am Zweifel ëmmer fir eng virsiichteg Approche plädéieren. Ech gehéieren och zu deenen, déi net erëm wëllen, no enger mühsamer Antitubakspolitik, déi mer elo wärend 10, 15 Joer bedreiwen, zréckkommen zu enger Banaliséierung vum Grëff zu der Zigarett oder vum Fëmmverhalen duerch eng aner, elektronesch Zigarett; och wa se vu villen als Ersatzzigarett ugesi gëtt. Ech mengen, dat wier dee falsche Message, dee mer géife ginn.

An et passt och net an dat Bild, wat mir wëlle vun eiser Gesellschaft promouvéieren; déi Gesellschaft, déi mir fir déi jonk Leit wëllen, wou mer vun „Health in All Policies" schwätzen, wou mer gesonde Liewenswandel wëlle promouvéieren, wou mer vu gesondem Iessen dobausse schwätzen, dat passt ganz einfach net.

A mir wëllen iwwregens och d'Argument hei net gëlle loossen, dass déi elektronesch Zigarett dee beschte Moyen ass, fir mat der konventioneller Zigarett opzehalen. Ganz onofhängeg dovunner, dass et och do ganz vill Etüde gëtt, déi sech komplett widderspriechen an déi dat dote grad net confirméieren. Mir recommandéieren, fir déi klassesch Nikotinnsubstituter ze benotzen, fir en effikasse Sevrage ze maachen

an un eisem nationale Programme d'aide au sevrage tabagique, wou mer ganz vill Partner hunn an de Spideeler, bei den Dokteren, fir sech do drunzehänken. Deen hu mer mat der CNS zesummen ausgeschafft an dee gëtt ënnert der Opsiicht vun Dokteren um Terrain ëmgesat. Mir hunn eng Preferenz dofir a si wierklech iwwerzeegt dovunner, dass et richteg ass, déi elektronesch Zigarett hei mat an d'Gesetz eranzehuelen.

Déi Altersgrenz, do wëll ech dee Widdersproch, op deen hei higewise ginn ass, gëlle loossen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Madamm Minister, Dir misst zur Konklusioun kommen! Dir sidd...

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de la Santé.*- 20 Minutten?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen, 15!

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de la Santé.*- Ah, da musst Der mech entschëllegen, mä ech si souwisou bal fäerdeg, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech wollt lech just drop hiweisen.

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de la Santé.*- Dat ass e Widdersproch, deen ech gëlle loossen. An ech mengen, dass mir duerchaus solle Reflexioune maachen, ob dat richteg ass mat där Altersgrenz, déi mir fir den Alkohol hunn, an do wäert ech op lech zréckkommen, fir déi Diskussiounen ze féieren.

Eng allerlescht Remarque: Ech denken, dass e Mentalitéitswandel, dee mir jo gären hätten, muss duerch reglementaresch Bestëmmungen an duerch Kaderdecisiounen, wéi mir se haut huelen, erbäigefouert ginn. An ech sinn iwwerzeegt, dass dëst Gesetz e ganz wichtege Schratt dohinner ass, an ech hoffen, dass mer eng ganz breet Zoustëmmung bei deem Gesetz kréien. Ech denken, dass et virun allem wichteg ass, fir positiv Messagen un d'Adress vun eise jonke Leit ze ginn, déi mer vierdergrënneg wëlle schützen.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Ministesch. Mir sinn dann um Enn vun der Diskussioun ukomm an ech géif de Projet de loi 7030 zum Vott stellen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7030 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung geet un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

Wow! Och do gëtt et eng Evolutioun vis-à-vis vu fréieren Ofstëmmungen iwwer Antitubaksgesetzer: 54-mol Jo, 5-mol Neen a keng Abstentiounen. Domat ass de Projet mat grousser Majoritéit ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7030 est adopté par 55 voix pour et 5 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Laurent Mosar), Michel Wolter (par M. Marcel Oberweis) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol (par Mme Taina Bofferding), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Tess Burton), Franz Fayot (par M. Roger Negri), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles (par M. Eugène Berger), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn (par M. Claude Lamberty), Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par Mme Joëlle Elvinger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam).

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech froen d'Chamber dann nach, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze ginn?

(Assentiment)

Dat ass dann esou decidéiert an ech soen lech Merci.

Mir kommen zum leschte Projet vun haut de Mëtten, dat ass de Projet de loi 7108 iwwert den Astellungsprogramm an der Magistratur. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Franz Fayot.

8. 7108 - Projet de loi arrêtant un programme pluriannuel de recrutement dans la magistrature et portant modification de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire

Rapport de la Commission juridique

M. Franz Fayot *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Här Minister, de fréiere Procureur général, de Robert Biever, beschreift a sengem ganz gudde Rapport «Pistes de réflexions en vue d'une justice plus efficace» vum 5. Mäerz 2016 déi vill Schraufstellen, un deene mer mussen dréien, fir eis Justiz besser a méi effikass ze maachen.

An hie schreift vum Challenge, fir all Joers Honnerte vun Dausenden - jo, Dir hutt richteg héieren, Honnerte vun Dausenden! - Affären ze evakuéieren, mat deenen eis Geriichter befaasst sinn. An do huet e wahrscheinlech, oder sécher nach net déi derbäigerechent, déi elo mat deem neien Tubaksgesetz op eis Juridictiounen zoukommen.

Projeten, iwwert déi mer hei geschwat hunn an deene leschte Joren an iwwert déi mer nach wäerte schwätzen, déi drop viséieren, d'Justiz méi effikass ze maachen, do hu mer zum Beispill de Jugement sur accord oder dee virdrun iwwert d'Transaction pénale, deen dorobber viséiert, fir d'Parqueten ze desengorgéieren, fir verschidden Affären eben duerch e Jugement sur accord aus den Audienzen erauszehalen, fir déi méi schnell ze traitéieren.

Mir sinn och amgaangen am Kader vum Projet de loi iwwert d'Faillitten, dem Projet de loi 6539, mat deem mer eis vill beschäftege fir de Moment, iwwer eng sougenannt Procédure administrative, eng PDAL ze schwätzen, fir déi Dausende vu Liquidatioune vun eidele Gesellschafte méi schnell ze evakuéieren. Dat sinn alles Pisten, fir eis Justiz besser, méi schnell a méi effikass ze maachen.

An all deene Projete geet et ëm eppes: Et geet drëm, der Justiz et ze erméiglechen, ze erlaben, sech op hir essenziell Missioun ze konzentréieren, an dat ass d'Garantie vun engem Accès fir all Bierger un eng qualitativ héichwäerteg Justiz.

An ee vun deene wichtege Chantieren, mat deem mer eis haut befaassen, ass de Rekrutement vun de Riichter, an do setzt dëse Projet de loi un. Mir sinn haut mat engem weidere Programme pluriannuel fir de Rekrutement an der Magistratur befaasst. Et ass dëst deen drëtten esou en dräijärege Rekrutéierungsprogramm, no viregte Programmer an de Joren 1999 bis 2004, wou 37 Posten iwwert dee Wee geschaaft gi sinn, an 2005 bis 2009, wou 21 Riichter konnten esou rekrutéiert ginn.

Mat dësem Gesetz sollen iwwert déi nächst dräi Année-judiciairen, dat heescht 2017-2018, 2019-2020 an 2020-2021 32 weider Magistrate rekrutéiert ginn, souwuel an der Magistrature du siège wéi och beim Parquet.

Här President, Nout un der Fra an um Mann an der Magistratur ass kee rezente Phenomeen. Ech erënneren drun, dass mer säit 2009 ëmmer erëm punktuell Gesetzer hei verabschit hunn - ech ziele se elo net op, mä Dir fannt se schnell erëm -, wou mer eben ëmmer erëm nei Poste geschaaft hunn an der Magistratur, mä och beim Parquet. A mir haten nach net méi spéit wéi d'lescht Joer, den 23. Juli 2016, e Gesetz, wou mer d'Cour d'appel renforcéiert hunn an dräi nei Poste geschaaft hunn am Kader vun der Reorganisatioun vum Conseil supérieur de la sécurité sociale.

Mir haten och virun zwee Joer, den 21. Mee 2015, e Gesetz iwwert d'Attachés de justice hei gestëmmt, dat, Dir erënnert lech, eng zweet Voie d'accès an d'Magistratur erlaabt, fir haaptsächlech Lëtzebuerger Riichter ze fannen a fir et ze erméiglechen, Affekoten ze rekrutéieren, déi op d'mannst fënnef Joer Experienz hätten an déi da konnten um zweete Wee an d'Magistratur kommen, ouni iwwert de Concours missen ze goen. Dat war och schonn deemools mam deklaréierten Zil, eppes géint d'Schwieregkeeten ze maachen, fir genuch nei Riichter ze fannen.

An et wär interessant ze wëssen - ech weess net, ob de Minister déi Informatioun huet, mä wann en se huet, wär et interessant ze wëssen -, wivill Riichter iwwert dee Wee konnte rekrutéiert ginn, wëssend natierlech, dass dat am Fong e Cas de figure war fir am Fall, wou net genuch Attachëë géife fonnt ginn, dass dat am Fong eng residuell Méiglechkeet wär, fir weider Riichter esou ze rekrutéieren.

Wärend den Aarbechten an der Kommissioun zu dësem Projet de loi an am Echange mam Procureur adjoint Georges Oswald si weider Reformiddie beschwat ginn, fir et de Riichter haaptsächlech ze erméiglechen, méi effikass ze schaffen, mä awer och vläicht, fir méi spezialiséiert Riichter a verschidde Chamberen eranzekréien. Et ass geschwat gi vun enger Fonctioun vun engem Référendaire auprès des juridictions. Dir wësst, dat ass eng Fonctioun, déi et bei verschiddene Geriichter gëtt, wéi zum Beispill um Europäesche Geriichtshaff, wou et also Juriste sinn, déi engem Riichter zouschaffen, déi d'Dossiere preparéieren, haaptsächlech a komplexen Affären, an doduerch dem Riichter et erlaben, méi Dossieren nach méi effikass ze maachen an och méi effikass ze schaffen.

Mir hunn och eppes diskutéiert, wat mer schonn, bon, e puermol diskutéiert haten am Kader vun der Reform vun de Faillitten. Dat ass d'Méiglechkeet, fir Juristen, déi eng Experienz hunn an deem Beräich, méiglecherweis retraitéiert Affekoten oder aner spezialiséiert Juristen, ze huelen an déi an d'Geriichter anzebannen an Dossieren, déi extrem komplex sinn, wou eng grouss Spezialiséierung gebraucht gëtt, notamment am Finanzberäich. Dat ass eppes, wat och an anere Länner gemaach gëtt, wou eben al Affekoten oder aner al Spezialisten do dann duerno rekrutéiert ginn, fir an der Justiz ze schaffen. Mir wëssen, dass d'Finanzlegislatioun en particulier ëmmer méi komplex gëtt an dass et ganz wéineg Riichter gëtt, déi doranner spezialiséiert sinn.

An hei ass natierlech och déi normal Progressioun an der Carrière e Problem, well e Riichter, wann e bis dann e puer Joer oder eng gutt Experienz huet, zum Beispill an enger Chambre commerciale seng normal Carrièresprogressioun mécht, iergendwann eng Kéier op der Cour lant. An dann ass natierlech, an dat wësse mer alleguerten, an all déi, déi an deem Beräich schaffen, wëssen dat, dee ganze Savoir-faire mat enger Kéier verluer oder en ass eben ee Stack méi héich an da muss erëm bei plus ou moins null ugefaange ginn an där jeeweileger Chambre commerciale.

Eng aner Iddi war déi vun engem Pool de complément vu retraitéierte Magistraten, fir da weider nach do an deem Beräich ze schaffen.

Den Exposé des motifs zu dësem Gesetz nennt zwee Grënn fir déi weider Besoinen u Magistraten. Ee Grond dovunner ass, dass ongefëier zéng Poste vu Magistraten net besat sinn, well eben eng Partie Riichter entweder am Congé de maternité, Congé parental oder am Temps partiel sinn. A fir mat deene Vacance-de-posten eens ze ginn, schaaft dëse Projet de loi en Novum, an dat sinn déi sougenannt „pools de complément". Dat heescht, dat ass eng Reserv vu Riichter, déi op verschiddene Plaze kënnen agesat ginn. An esou e Pool soll souwuel bei der Cour supérieure geschaaft ginn, dat sinn da Riichter, déi kënne bei de Friddensgeriichter, mä och beim Tribunal d'arrondissement agesat ginn, an e Pool, dee beim Procureur général d'État ugesidelt gëtt an aus deem Riichter bei de Parquete kënnen agesat ginn.

E wichtege Prinzip bei deene Pools de complémentarité oder bei deene Pools complémentaires ass natierlech, dass dës Riichter vum Prinzip vun der Inamovibilitéit ausgeschloss sinn, well se eben ès fonctions akzeptéieren, fir kënnen e bësse wéi e Sprénger vun engem Geriicht op dat anert ze goen, en cas de vacance.

Um Enn vun deem Programme pluriannuel wäert de Pool de complément vun de Magistrats du siège aacht Leit hunn an dee vum Parquet wäert véier Leit hunn.

En anere Grond fir de Fait, dass et ëmmer méi Geriichtsaffäre gëtt, läit natierlech, dat ass net iwwerraschend, am stännegen Zouwuess vun der Bevëlkerung, an net nëmme vun der Bevëlkerung, mä och vun de Pendler, déi natierlech och Geriichtsaffäre generéieren. De Contingent vu Riichter ass an deene leschten zéng bis zwielef Joer net proportionell zu der Explosioun vun der Bevëlkerung a vun de Frontaliere gewuess. Do kënnt natierlech nach eng Kéier derbäi, dass mer eng ganz staark Wirtschaft hunn, eng staark Finanzplaz, déi och vill Affären, a vill komplex Affäre generéiert, dat souwuel am zivillen, kommerzielle Beräich, mä och am strofrechtleche Beräich, wat d'Geriichter natierlech och vill beschäftegt.

Et besteet also en akute Besoin, fir weider Rekrutementer ze maachen. A wéi gesot ginn hei an deenen dräi nächste Joren 32 nei Poste geschaaft: 18 fir de Siège, 14 fir de Parquet. Dat sinn der 15 fir d'Joer 2017, 5 fir 2018, 8 fir 2019 a 4 fir 2020.

Dëst muss per Gesetz an duerch Ofännerung vum Gesetz vum 7. Mäerz 1980 iwwert d'Organisation judiciaire geschéien. Dat si Posten, déi net am Numerus Clausus sinn, dat heescht, déi net iwwert de Budget finanzéiert ginn. Wéinst dem Prinzip vun der Gewaltentrennung ginn dës Posten an der Magistratur per Gesetz beschloss. An et sief hei och nach erwähnt, dass an dësem Gesetz net déi 7 nei Posten abegraff si vum Juge aux affaires familiales, déi am Projet de loi iwwert d'Reform vum Divorce virgesi sinn, an och net déi 40 Poste vu Personal, déi fir 2017 an der Magistratur gefrot gi sinn.

Des Weideren, fir komplett ze sinn, ginn zwou nei Chambere geschaaft beim Tribunal d'arrondissement: eng fir strofrechtlech Affären an eng fir zivill a kommerziell Affären. An och den Tribunal vun Dikrech kritt e weidere Riichter an de Parquet vun Dikrech e weidere Substitut hei bäi.

Fir den Detail vun deene Poste verweisen ech lech op mäi schréftleche Rapport.

Här President, nach ganz schnell an ofschléissend déi grouss Daten an déi grouss Etappe vun der parlamentarescher Aarbecht: Den Depôt vun dësem Gesetz ass den 19. Januar dëst Joer gemaach ginn. Et ass en Amendement gouvernemental den 28. Februar dëst Joer hei abruecht ginn. Et ass just een Avis virbruecht ginn, dat ass dee vum Statsrot, dee war de 7. Abrëll 2017. D'Geriichter sinn am Virfeld consultéiert ginn. An de Rapport vun der Commission juridique ass den 18. Mee dëst Joer adoptéiert ginn.

Fir den Avis vum Statsrot, do war haaptsächlech ee Punkt, deen diskutéiert ginn ass, dat war e Commentaire oder eng Kritik, wat dee Mechanismus vum Pool de complément ugeet, wou de Statsrot Schwieregkeeten hat par rapport zu der Delegatioun vun den Attachéen a wou en am Fong en äänleche Mechanismus gefrot huet, wat awer e Problem gestallt hätt mam Prinzip vun der Amovibilitéit a wat de Grond war, firwat d'Commission juridique dat am Fong net esou adoptéiert huet.

Voilà. Dat gesot, géif ech natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet brëngen an lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. Nächste Riedner ass den Här Gilles Roth.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).*- Merci, Här President. Ech wëll dem Franz Fayot Merci soe fir

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram